1. Question parlementaire N°2054 de M. Camille Gira relative à l'ouverture au public du Grünewald

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).-* Merci, Här President. Merci och dem Här Statsminister, dass hien d'accord war, dës Fro mëndlech ze beäntwerten, nodeem mer no engem Mount nach keng schréftlech Äntwert haten.

Ëm wat geet et? Et geet ëm de Gréngewald. Am September 2006 hat de Maréchalat de la Cour annoncéiert, dass de Groussherzog géif drop verzichten, deen Deel vum Gréngewald, deen der groussherzoglecher Famill gehéiert, souwuel privat oder och un de Stat ze verkafen. Hie géif souguer driwwer nodenken, fir dësen eemolege Biotop, zäiteweis zumindest am Joer, der Populatioun opzemaachen, wann en contrepartie de Stat bereet wier, d'Gestiounsfraisën ze iwwerhuelen.

Duerfir wollt ech ee Joer no dëser Deklaratioun emol nofroen, wou deen Dossier dru wier. Ech wollt de Statsminister froen, ob hie mer ka soen, wéi wäit den Dossier gediehen ass. Ob scho konkret nogeduecht gëtt, wéi eng Zäiten am Joer eventuell d'Populatioun an de Gréngewald kéint eragoen, a wann dat esou wär, dass de Stat géif d'Gestioun iwwerhuelen, ob driwwer nogeduecht gëtt, dës ganz Gestioun no engem vun de Labelen, entweder FSC oder PEFC, ze maachen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Gira. Den Här Statsminister huet d'Wuert.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'État.-* Här President, léif Kolleegen, ech fannen et eng gutt Übung, dass, wann d'Regierung net an engem ugemiessenen Zäitraum schréftlech op eng Fro äntwert, déi Fro da ka mëndlech gestallt ginn. Dat huet ënner anerem zur immédiater Folleg, dass ee sech dann engem Dossier, deen ee méi labber ugaangen ass, op méi eng konzentréiert Bunn bréngt.

Ech sinn de Moien an der Lag, mat Ausnahm vun där Fro vun der Labeliséierung, déi muss gekuckt ginn an déi mech net direkt betréfft, der Chamber ze bestätegen, dass de Grand-Duc d'Absicht net huet, de Gréngewald ze verkafen, weder un ee privaten Acquéreur nach un de Stat, wéi Eenzelner dat gewënscht haten.

Par contre huet hien d'Absicht, dem Stat de Gréngewald fir deen Deel, deen d'Propriétéit vum Grand-Duc ass, ze verlounen, an zwar fir de sportleche Präis vun engem Euro. Zur gréisster Enttäuschung vum Grand-Duc wëll ech him soen, dass hie wahrscheinlech och deen Euro net kritt.

(Hilarité)

Par contre ass de Grand-Duc d'accord, de Gréngewald de Leit zougänglech ze maachen. Zu deem Zweck gëtt dat Gatter opgemaach respektiv et verschwënnt. Den Zougang zum Bësch, dee géif de Leit fir d'ganzt Joer, an net nëmme fir bestëmmte Perioden am Joer opgemaach ginn.

Am Géigenzuch géif de Stat kënnen de Gréngewald exploitéieren an déi Revenuen, déi doduerch ufalen, selwer anzéien. An am zweete Géigenzuch wier d'Regierung bereet, d'Käschten ze iwwerhuelen, dat heescht, d'Personalkäschten ze iwwerhuelen, déi mat der Exploitatioun vum Gréngewald zesummenhänken. Doriwwer sinn de Minister Frieden, ech selwer an de Grand-Duc, an ëmgedréinter Reiefolleg, wann ech gelift,…

(Hilarité)

…eis eens ginn. Esou gëtt et gemaach.

Ech sinn och bereet, den Här Frieden och, an d'Finanzkommissioun ze kommen, fir d'Zuelematerial eng Kéier ze weisen. Well et ass de Wonsch vum Grand-Duc, dass déi Ofmaachung do sech a vollster Transparenz ofspillt.

Merci, Här President.

M. le Président.- Merci, Här Statsminister. Da komme mer zum Projet de loi, dee mer als Éischten haut de Moien um Ordre du jour stoen hunn. Den honorabelen Här Mosar ass Rapporteur vun dësem Projet an hien huet elo d'Wuert, fir de Rapport vun der Finanzkommissioun ze maachen.

www.chd.lu

2. 5801 - Projet de loi

1. portant modification

- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

- de la loi modifiée du 1er mars 1952 modifiant certaines dispositions relatives aux impôts directs;

- de la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet;

- de la loi modifiée d'adaptation fiscale du 16 octobre 1934;

2. portant introduction de la loi concernant le boni pour enfant;

3. portant modification de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;

4. portant modification de la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective;

5. portant modification de l'arrêté grand-ducal modifié du 8 octobre 1945 portant réorganisation du statut de la Chambre des Artisans

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng knapp Woch nodeem d'Chamber de Budget fir d'Joer 2008 gestëmmt huet, hunn ech dann haut de Plëséier, lech de Rapport iwwert de Projet de loi 5801 ze presentéieren, deen hei an der Chamber, an der Press a bei enger breeder Öffentlechkeet et als Gesetz iwwert d'Aféiere vun engem Kannerbonus schonn zu engem gewëssene Bekanntheetsgrad bruecht huet an och scho fir vill Diskussiounsstoff heibannen an dobausse gesuergt huet.

Obschonn dëse Projet sécherlech net d'Ambitioun vun enger struktureller Steierreform huet, esou kann een e sécherlech net reduzéieren op d'Aféiere vun enger steierlecher familljepolitescher Mesure. Dëst wär dësem Projet sécherlech Onrecht gedoen, well hei eng ganz Rei vu Moossname steierrechtlecher Natur ëmgesat ginn, déi net nëmme Famillje mat Kanner betreffen, mä déi doriwwer eraus all Steierzueler uginn, awer och all déi Leit betreffen, déi géint Loun a Gehalt schaffen an déi an deem Kader Iwwerstonne leeschten. Schlussendlech betréfft en och an engem gréissere Mooss d'Kompetitivitéit vun eisen Entreprisen.

Ech géif dann och wëllen an deenen nächste Minutte versichen, déi wichtegst Aspekter vun dësem Projet kuerz ze beliichten. Fir den Detail verweisen ech souwuel op de Projet de loi selwer wéi op mäi schréftleche Rapport, déi in extenso déi verschidden Dispositioune vun dësem Projet beliichten.

Här President, erlaabt mer awer mat engem kuerze Merci unzefänken, un all déi Leit, déi mer eng Hand mat ugepaakt hunn, datt mer et fäerdeg bruecht hunn, dëse Projet de loi a relativ kuerzer, fir net ze soen extrem kuerzer Zäit ze diskutéieren an dann och nach virum Enn vum Joer hei zur Ofstëmmung ze bréngen.

Fir d'alleréischt natierlech alleguerten de Kolleeginnen an de Kolleegen aus der Finanzkommissioun e grousse Merci, an ech wollt och emol vun der Geleeënheet profitéieren, do e besonnesche Merci un eis Sekretärin, d'Madame Guezennec, ze riichten, déi an de leschten Deeg oft huet missen eng Iwwerstonn maachen.

Derniewent wëll ech awer och dem Premier- a Finanzminister an dem Direkter vun der Steierverwaltung Merci soen, déi à tout moment der Kommissioun Ried an Äntwert stoungen, an dat, besonnesch wat de Premier- a Statsminister ugeet, trotz engem méi wéi gutt gefëllten Agenda.

E Merci an eng Entschëllegung awer och vun dëser Plaz un de Statsrot, dee sech vläicht heiansdo e bësselchen an dem Projet de loi brüskéiert virkomm ass, well hien huet missen innerhalb kierzester Zäit Avisen ofginn. Schlussendlech wëll ech dann och nach e Merci riichten un d'Mataarbechter vu menger Fraktioun, an dësem Fall ganz besonnesch un de Carlo Mulbach.

Här President, aleedend zum Kannerboni, awer och ganz besonnesch zur Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun ëm 6%, wëll ech hei nach eng Kéier op déi zwee Haaptobjektiver vun dëse punktuelle Mesuren agoen, well ech an deene leschten Deeg a verschiddenen Diskussiounen oft d'Gefill kritt hunn an och elo nach hunn, datt hei esou munches duercherneegehäit gëtt.

Bei dëse Mesurë geet et fir d'alleréischt a prioritär drëm, déi Famillje mat Kanner, déi e klengt oder e mëttelt Akommes hunn an déi bis elo net konnte vun der Steiermoderatioun fir Kanner profitéieren, an de Genoss vun deem Kannerboni vun 922,5 Euro ze bréngen a si domadder och un där Steiermoderatioun deelhuelen ze loossen.

Wann ech elo hei soen, ëm wat et geet, wëll ech awer gläichzäiteg nach eng Kéier ënnersträichen, ëm wat et net geet, nämlech fir alle Famillje mat Kanner, besonnesch déi aus héijen Akommeskategorien, elo eng zousätzlech Steiererliichterung a Form vun engem Kannerboni zoukommen ze loossen. Dës Famillje profitéieren awer, an domadder kommen ech dann och schonn zum zweete wichtegen Objektiv vun dësem Projet, wéi all Steierzueler an deem Land hei vun der Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun ëm 6%.

Am Kloertext heescht dat, datt vun deenen 200.000 Kanner, déi am Moment an de Genoss vum Kannergeld kommen, der 100.000 sinn, déi integral wäerte vun dësem Kannerbonus profitéieren, dat heescht, hir Eltere kréie vum nächste Joer un 922,5 Euro méi pro Kand eraus. Fir ongefëier 15.000 Kanner wäert dës Reform nach eng positiv Differenz fir hir Eltere bréngen, a fir ongefëier 85.000 Kanner wäert dës Reform steierlech neutral bleiwen.

All d'Eltere vun deenen 200.000 Kanner wéi och all déi Leit, déi keng Kanner hunn, profitéieren allerdéngs vun der virgenanntener Upassung vun der Steiertabell, esou datt vum nächsten 1. Januar u jiddfereen an dësem Land wäert manner Steiere bezuelen, mä allerdéngs déi eng „méi manner" an déi aner „manner manner", fir et emol esou eng Kéier auszedrécken.

All dës Mesuren, Dir Dammen an Dir Hären, wäerten de Stat ronn 295 Milliounen Euro kaschten, déi also manner an eis Statskeese fléissen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt dann elo kuerz op dee sougenanntene Kannerbonus agoen, fir hei nach verschidde Prezisiounen ze maachen. Dëse Boni vun 922,5 Euro pro Joer gëtt also vum nächste Joer u fir all Kand ausbezuelt, ouni Distinctioun vum Akommes vu sengen Elteren. Dës Mesure applizéiert sech natierlech och op d'Frontalieren, déi an eist Land schaffe kommen, wat d'ailleurs méi wéi normal ass, well déi Leit jo elo schonn an de Genoss vun der Steiermoderatioun fir Kanner kommen an och d'Kannergeld kréien.

Ech verstinn dofir och net déi Opreegung, déi sech elo a gewëssene Kreesser breetmécht, fir ze mengen, do géif de Stat elo an deenen nächste Jore Milliounen Euro an d'Ausland exportéieren, fir dëse Kannerboni ze bezuelen. Ech weess och net, Dir Dammen an Dir Hären, wéi een engem Frontalier erkläert hätt, hie géif net an de Genoss vum Kannerbonus kommen, während säin Noper weider hätt kënne vun der Modération d'impôt profitéieren.

Mir haten an der Kommissioun eng länger Diskussioun iwwert d'Ausbezuele vun deem Kannerboni, an hei war eigentlech unanime d'Meenung déi vun alle Kolleeginnen a Kolleegen, datt dëse Kannerbonus net sollt eemol am Joer, mä pro Mount ausbezuelt ginn. Dës Meenung gëtt jo gedeelt net nëmme vum Statsrot, mä och vun deene verschiddene Chambres professionnelles.

Allerdéngs si mir eis als Kommissioun och eens gewiescht, datt et praktesch, ganz besonnesch fir d'Kannergeldkeess, problematesch géif ginn, vum nächste Joer u schonn dëse Kannerboni pro Mount auszebezuelen, an dofir si mir och averstane gewiescht, datt fir d'Joer 2008 et dann nach sollt zu engem eemolegen Ausbezuele vun dësem Bonus kommen.

Ech wëll hei och op déi Kritik vum Statsrot zréckkommen, déi fäert, datt duerch dës nei Mesure en administrativë Chaos kéint entstoen, well et hei zu enger Vermëschung vu Steier- a Sozialrecht géif kommen. Wann dës Kritik da berechtegt wär, géif se sech op all Mesure applizéieren, déi a Richtung Steierkredit geet. D'Kommissioun ass op jidde Fall der Meenung gewiescht, d'Propositioun vum Statsrot, fir de Bonus iwwer e Steierkredit vun der Steierverwaltung auszebezuelen, wär nach vill méi komplizéiert an hätt da fir e richtege Chaos gesuergt, dës Kéier dann um Niveau vun der Steierverwaltung.

D'Kommissioun ass sech awer och de Schwieregkeete bewosst, déi sech hei wäerten am nächste Joer stellen, a mir géifen dofir de Premier- a Finanzminister an och déi aner zoustänneg Ministere bieden, besonnesch d'Kannergeldkeess souwuel um Niveau vun der Informatik wéi awer och vum Personal esou auszestatten, datt se hiren zousätzlechen Obligatioune wäert kënnen nokommen.

Duerch dëst Aféiere vun engem Kannerboni wäerten dann och eng Rei vu Steierklassen ewechfalen, esou datt mer an Zukunft just nach dräi Steierklasse wäerten hunn: 1, 1A an 2, wouraus sech dann ergëtt, datt och d'Tauxe vun de jeeweilege Steierkaarte wäerten ugepasst ginn.

Wéi gesot, ech wëll elo hei net op all eenzel Detailfro agoen, just awer nach kuerz op d'Situatioun vun deene Kanner agoen, déi groussjähreg sinn an déi no 18 Joer nach virun an d'Schoul ginn. Do ass et bis elo esou gewiescht, datt d'Eltere vun deene Kanner konnte vun der Steiermoderatioun profitéieren, an dat bis 27 Joer a souguer nach doriwwer eraus. Dat wäert an Zukunft net méi de Fall sinn, mä dofir kommen déi Elteren oder awer och d'Kanner direkt bis zum Alter vu 27 Joer an de Genoss vun deem Kannerboni.

Dräi allerlescht Observatiounen nach zu dësem Punkt. Fir déi Elteren, déi net méi matenee bestuet sinn, ass et esou, datt deen Elterendeel, deen net d'Garde vun de Kanner huet, weider ka vun der Steiermoderatioun profitéieren, grad wéi dat bis elo de Fall war. Des Weideren ass et dann och esou, datt wéinst dem Ewechfale vun der Steiermoderatioun fir Kanner verschidden Elteren elo erëm steierflichteg ginn an domadder kënne vun enger Rei vun Abattementë profitéieren, wat fir déi Leit dann zu enger zousätzlecher Steiererliichterung wäert féieren.

Schlussendlech wëll ech dann och nach betounen, datt all Kand, wat d'nächst Joer gebuer gëtt, egal a wat fir engem Mount, vum integrale Kannerbonus vun 922,5 Euro wäert profitéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat elo d'Adaptatioun vun der Steiertabell un d'Inflatioun ëm 6% ugeet, ass net schrecklech vill dozou nach ze soen, ausser datt déi verschidde Steiertranchë vun der Klass 1 eropgi vun 1.650 Euro op 1.749, a bei der Klass 1A geet dee Montant erop vun 39.000 op 41.340 Euro. Dëse Betrag ass a sech véiermol den Agangsbetrag. Am selwechte Kontext ginn dann och d'Steierbonifikatiounen an d'Luucht. Ech verweisen hei fir den Detail op mäi schréftleche Rapport.

Ech wëll dann elo nach op e Punkt agoen, iwwert deen eigentlech wéineg an der Öffentlechkeet bis elo geschwat ginn ass, nämlech deen, datt an Zukunft déi Leit, déi e Partenariat agaange sinn, kënne fir eng gemeinsam Besteierung optéieren. D'Konditiounen heivu sinn, datt d'Partenariat existéiert huet am Ufank vum Besteierungsjoer, wann déi zwee Partner Résidanten hei zu Lëtzebuerg sinn. Bei deenen, déi am Laf vum Joer Résidant ginn, spillt a sech déiselwecht Bedéngung, nämlech datt si am Ufank vum Joer schonn duerch e Partenariat gebonne sinn; Partenariat, wat och nach um Enn vum Joer besteet. Betoune wéilt ech allerdéngs, fir da ganz komplett ze sinn, datt beim Enn vum Partenariat dës Leit net vum Iwwergangsregime vun dräi Joer profitéieren, wéi dat fir d'Besteierungsklass 2 bei Gescheetenen, Getrenntenen oder Witfrae respektiv Witmänner de Fall ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat elo déi Mesuren ubelaangt, déi d'Betribsautoen uginn, wëll ech nach eng Kéier drun erënneren, datt d'Regierung zesumme mat der Finanzkommissioun décidéiert huet, op dës Mesurë fir d'Joer 2008 ze verzichten. Hei wär et drëm gaangen, all

Betribsautoen, déi méi en héijen Ausstouss wéi 190 Gramm CO_2 pro Kilometer hätten, net méi kënne steierlech ofzesetzen an déi Part privative, déi jiddfer Steierzueler hei muss drop bezuelen, vun 1,5 op 2% eropzesetzen.

D'Entscheedung, fir dës Mesure elo emol fir 2008 net unzewenden, huet näischt mat der Richtegkeet vun der Zilrichtung ze dinn, hannert där d'Finanzkommissioun an hirer Unanimitéit steet. Allerdéngs si mir och der Meenung gewiescht, datt, wann een esou eng Mesure aféiert, een dat muss deene betraffenen Entreprisen a Leit am Virfeld matdeelen, fir datt si sech och kënnen zur Zäit dorobber astellen.

Dofir huet et och der Kommissioun geschéngt, datt déi Moossnamen, déi hei ursprénglech virgeschloe gi sinn, net nuancéiert genuch gewiescht sinn, well zum Beispill keen Ënnerscheed gemaach gëtt tëschent Autoen, déi iwwer 190 Gramm CO_2 de Kilometer ausstoussen, mir allerdéngs an der Kommissioun der Meenung sinn, datt een trotzdeem muss en Ënnerscheed maachen tëschent engem Auto, deen 191 där CO_2-Grammen ausstéisst an engem, deen der 400 ausstéisst.

Derbäi kënnt, datt d'Betribsautoen en Deel vun der Lounpolitik vu villen Entreprisen, ganz besonnesch och am Finanzsecteur duerstellen. Et kann een deemno och net einfach duerch eng och gutt gemengten ëmweltpolitesch Steiermesure dëst vun engem Dag op deen aneren änneren, ouni emol och am Virfeld en Dialog mat deene concernéierte Sozialpartner heiriwwer gefouert ze hunn.

Fir awer nach eng Kéier mat Nodrock ze ënnersträichen, datt d'Finanzkommissioun vun der Richtegkeet vun der Stoussrichtung vun dëse Steiermesuren iwwerzeegt ass, wëll ech hei am Numm vun der Finanzkommissioun eng Motioun déposéieren, wou mer d'Regierung dran opfuerderen der Finanzkommissioun am Fréijoer vum nächste Joer méi équilibréiert an nuancéiert Mesuren an deem Kontext ze proposéieren, déi dann och scho kënnen am Virfeld mat allen interesséierte Kreesser diskutéiert ginn.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que la politique de réduction des émissions de gaz à effet de serre doit être continuée de manière intensive;

- considérant que la poursuite d'une telle politique doit comporter une nouvelle dimension fiscale incitant à l'utilisation de voitures à émissions réduites de CO_2;

- considérant que les voitures de fonction respectivement de direction doivent être affectées prioritairement par des mesures fiscales incitatives, destinées à favoriser l'éclosion d'un parc automobile à plus faibles émissions;

- considérant que le Premier Ministre, dans le cadre de sa déclaration sur l'état de la nation de mai 2007, a affirmé que «la réforme de la taxe sur les véhicules automoteurs sera complétée par la prise en compte des véhicules d'entreprise et de leur domaine d'utilisation»;

invite le Gouvernement

- à concevoir une réforme de la taxe sur les véhicules automoteurs comportant un volet relatif aux véhicules d'entreprises et leur domaine d'utilisation;

- à déposer un projet de loi permettant d'atteindre l'objectif cité à la Chambre des Députés, de manière à ce que la procédure législative permette l'entrée en vigueur des mesures destinées à atteindre cet objectif puisse se réaliser au 1er janvier 2009.

(s.) Laurent Mosar, Ben Fayot, Camille Gira, Norbert Haupert, Claude Meisch.

M. le Président.- Merci.

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Här President, ech kéim dann zu engem Punkt, deen zu villen Diskussiounen Ulass ginn huet, besonnesch awer mam Statsrot, nämlech d'Iwwerstonneregelung, déi sech aus de Konklusioune vun der Tripartite ergëtt.

De Projet de loi proposéiert eigentlech just hei eng Mesure, déi, wéi gesot, am Kader vun der Tripartite ofgemaach gi war, fir d'Iwwerstonnen am private Secteur steierlech komplett ze befreien, ëm ee Joer virzeverleeën, dat heescht amplaz op den 1. Januar 2009 elo schonn op den 1. Januar 2008 ulafen ze loossen. Dës Virverleeung ass souwuel am Interessi vun de Betriber wéi awer och vun de Salariëë vun dëse Betriber.

Allerdéngs huet de Statsrot sech a sengem Avis dëser Moossnam opposéiert ouni awer kloer ze preziséieren, ob et sech ëm eng Opposition formelle oder ëm eng einfach Oppositioun géif handelen. Mir hu versicht an enger Demande de précision nach eng Kéier erauszefannen, ob dann de Statsrot le cas échéant géif d'Dispens vum zweete constitutionnellë Vote refuséieren. Allerdéngs ass och am zweeten Avis complémentaire dës Äntwert net glaskloer ausgefall, nach ass awer d'Kommissioun zur Konklusioun komm, datt et sech hei net géif ëm esou eng formell Oppositioun handelen an huet dofir och décidéiert beim Regierungstext ze bleiwen.

Wat ass dann elo eigentlech d'Haaptschwieregkeet vum Statsrot gewiescht? A sech huet de Statsrot sech fir d'éischt dru gestouss, datt déi Moossnam, déi eigentlech eréischt fir 2009 virgesi war, elo soll virgezu ginn, huet awer och doniewent e Problem, datt dës Iwwerstonneregelung sech net op den öffenleche Secteur applizéiere géif.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn heiriwwer an der zoustänneger Kommissioun diskutéiert a mir sinn zur Konklusioun komm, datt an deene Verhandlungen zum Statut unique d'Vertrieder vun der Fonction publique net wollten an dee Statut unique mat erakommen, aus enger ganzer Rei vu Grënn, op déi ech elo hei net wëll agoen.

Ech mengen also, datt virun deem Refus vun der Fonction publique, deem Statut unique bäizetrieden, een eng eenzel spezifesch Dispositioun vun dësem Statut unique net einfach esou kann op d'öffentlech Fonctioun uwenden. Ech wëll och nach betounen, datt, wat d'Aarbechter souwuel beim Stat wéi bei de Gemenge betrëfft dës natierlech vun deem neie Statut vun den Iwwerstonne profitéiere wäerten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer dann op dee leschte wichtege Volet vun dësem Projet de loi anzegoen, nämlech déi Steiererliichterungen, déi am Interessi vun eisen Entreprisë wäerte geholl ginn. Hei sinn eng ganz Rei Moossname virgesinn, op déi ech elo net am Detail wëll agoen. Erlaabt mer awer vläicht déi wichtegst dovun ervirzehiewen.

Fir d'éischt gesäit de Projet de loi vir, fir den Taux vun der Steierbonifikatioun fir zousätzlech Investissementer vun Entreprisë vun elo 10 op 12% eropzesetzen. Dës Mesure soll dozou féieren d'Entreprisë weider ze encouragéiere mat hirer Investitiounspolitik virunzefueren. Betoune wéilt ech heibäi, datt all d'Investissementer, fir kënne vun där Bonifikatioun ze profitéieren, mussen an engem Etablissement gemaach ginn, dat sech hei zu Lëtzebuerg befënnt, an dat och destinéiert ass permanent hei ze bleiwen.

Doniewent gesäit d'Gesetz awer och ee Pak vu Steiermoossname vir, déi déi sougenannten intellektuell Propriétéit betreffen.

Erënnere wëll ech an deem Kontext nach eng Kéier drun, datt duerch d'Ewechfale vum Holdingsstatut op den 31. Dezember 2010 d'Breveten an d'Marke kenger spezieller steierlecher Behandlung méi hei zu Lëtzebuerg ënnerleie géifen. Dofir ass et och eminent wichteg, dass duerch dëst neit Gesetz all déi Leit oder Betriber, déi Marken a Brevete kommerzialiséieren, enger méi gënschteger steierlecher Behandlung an Zukunft ënnerleie wäerten. Et ass dofir och virgesinn, datt 80% vun deene Revenuen, déi aus deenen Aktivitéite generéiert ginn, net besteiert ginn, esou datt mer hei ganz no bei déi aktuell Behandlung vun esou Aktivitéiten am Kader vun Holdingsgesellschaften erukommen.

Betoune wéilt ech, datt an de Champ d'application vun dëse Steiermesuren op där enger Säit d'Marque-de-servicë falen, wat déi sinn, déi sécherlech am heefegsten hei zu Lëtzebuerg kommerzialiséiert ginn, an op där anerer Säit déi sougenannten Noms de domaine - ech hunn nach keng lëtzebuergesch Iwwersetzung dofir fonnt.

Besonnesch wéilt ech hei ënnersträichen, datt mir elo als éischt an eenzegt européescht Land domadder eng spezial steierlech Behandlung fir esou Aktivitéiten am Kontext vun deenen Noms de domaine maachen. Heizou erlaabt mer ze preziséieren, datt et elo schonn eng ganz Rei vu Gesellschafte ginn, déi Portefeuillë mat dausende vun esou Noms de domaine géréieren, déi eng grouss kommerziell Valeur duerstellen. Bis elo sinn déi Portefeuillen an Off-Shore-Juridictioune géréiert ginn, well, wéi ech virdru gesot hunn, keen eenzegt Land um Niveau vun der Européescher Unioun ee spezielle Steierregime fir déi Noms de domaine virgesäit.

Zesumme mat der Direktioun vun der Steierverwaltung, där ech heifir och nach eng Kéier wëll e spezielle Merci ausdrécken, hu mir an där zoustänneger Kommissioun décidéiert, datt dës Noms de domaine och an den Uwendungsberäich vun deem neie Gesetz wäerte falen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kéim dann och schonn esou lues zum Schluss. Erlaabt mer awer nach e lescht Wuert zur Vermëttlung vun Donnéeën u verschidde Beruffskummeren.

Duerch een Uerteel vum 24. Oktober vun dësem Joer vum Tribunal administratif ass eng gewëssen Onsécherheet entstanen, wat d'Iwwermëttlung vun deenen Donnéeë vun der Steierverwaltung un d'Beruffschamberen betrëfft. Mir maachen elo dëser Onsécherheet en Enn mat dësem Gesetz. Allerdéngs ass d'Kommissioun der Meenung gewiescht, datt mer heiriwwer vill méi eng fundamental Diskussioun misste féieren iwwert déi obligatoresch Affiliatioun vu verschiddenen Entreprisen an de Patronatschamberen.

Ouni elo hei wëllen an den Detail vun dëser Problematik anzegoen, wat eis de Moie vill ze vill wäit géif féieren, wëll ech just nach eng Kéier ënnersträichen, datt et zum Beispill méi wéi diskutabel ass, datt am Moment eng ronn 31.000 Soparfien, déi mer hei zu Lëtzebuerg domiciliéiert hunn, zum Deel musse substanziell Memberscotisatiounen un d'Chambre de Commerce bezuelen, dat obscho se eigentlech iwwerhaapt kee Lien mat dëser Beruffskummer hunn.

Här President, ech wär frou, wa mir an der zoustänneger Kommissioun am Ufank vum nächste Joer eng méi fundamental Diskussioun heiriwwer féiere kéinten, zesumme mam Wirtschaftsminister an natierlech de Vertrieder vun deene concernéierte Beruffschamberen.

Dat gesot, kéim ech dann och domadder zum Schluss.

Dëse Projet de loi wäert op där enger Säit méi steierlech Gerechtegkeet fir Famillje mat Kanner bréngen, op där anerer Säit awer all Steierzueler, duerch d'Upasse vun der Steiertabell ëm 6% vum 1. Januar un, jiddferengem méi a säi Porte-monnaie bréngen. Dëse Projet ass awer och e weidere Schrëtt an d'Richtung méi Kompetitivitéit vun eisen Entreprisen duerch eng besser steierlech Behandlung vun den Iwwerstonnen op där enger Säit an duerch eng Rei vu steierleche Moossname fir Investissementer, besonnesch awer och am Beräich vun der intellektueller Propriétéit.

Ech géif lech dofir alleguerte bieden Är Zoustëmmung zu dësem Gesetzesprojet ze bréngen an ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Lucien Thiel ageschriwwen. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Lucien Thiel *(CSV).*- Merci, Här President, Här Statsminister, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, a sengem ausféierleche schréftlechen an net manner impressionnante mëndleche Rapport huet elo grad de Kolleeg Laurent Mosar eis d'Komplexitéit an d'Variétéit vun deem Projet virun Ae gefouert, dee mir elo stëmme sollen; ee Projet, deen esou eppes wéi d'Verlängerung vum Budget ass, dee mir d'lescht Woch hei ugeholl hunn, souzesoen ee Budget bis, well hei fanne mir d'Ëmsetzung vun all deene Mesuren erëm, déi am Kontext vum Budget ugekënnegt gi waren an déi och schonn do hiren Niddersclag fonnt hunn.

De Laurent Mosar huet a sengem schréftleche Rapport net manner wéi zéng verschidde steierlech Moossnamen opgezielt, déi an dësem Gesetz ënnerbruecht sinn. Si gehéieren zu den Haaptakzenter, déi d'Regierung hirem Budget fir dat anert Joer mat op de Wee ginn huet. Et war keng einfach Missioun fir de President vun der Budgets- a Finanzkommissioun, fir als Rapporteur vun dësem Projet déi eenzel Deeler vun deem legislative Patchwork opzeschaffen an iergendwéi ënner en Hutt ze kréien. Déi intensiv Korrespondenz tëscht Regierung, Parlament a Statsrot léisst drop schléissen, datt den Text a sengem éischte Worf net grad perfekt war an datt nach huet missen dru gehummert, gehuwwelt a geschnëppelt ginn, bis datt hien zeideg genuch war, fir der Chamber definitiv ënnerbreet kënnen ze ginn.

Ech erspueren lech a mir et, datt ech elo nach eng Kéier op all d'Eenzelheete vun deem Steierpak aginn, deen - dat sief direkt gesot - d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun kritt. Well de Rapporteur esou ausféierlech war, kann ech mech op e puer Aspekter vum Gesetz beschränken, déi et wuel verdénge besonnesch ervirgehuewen ze ginn.

Do wär emol fir d'éischt de Kannerboni, deen eigentlech als Negativsteier geduecht war, an deen elo dobaussen als eng Zort zweet Kannergeld ugesi gëtt. D'Décisioun, esou e Boni anzeféieren, geet wéi esou villes an dësem Gesetz op d'Gefox tëschent Regierung a Sozialpartner an der Tripartite zréck, huet awer eng e bësse méi laang Geschicht.

Wéi senger Zäit den Héchstsaz fir d'Persounebesteierung an zwou Etappen, fir d'éischt op 42 an dunn op 38% erofgesat gouf, huet et geheescht, dat wier jo schéin a gutt, mä et géif all deenen näischt bréngen, déi keng Steiere bezuelen. An dat si jo bekanntlech ongefëir 40% vun den Haushalter. Do koum d'Iddi op, fir eng Negativsteier anzeféieren, dat heescht deenen, déi keng Steiere bezuelen, am ëmgekéierte Wee Suen aus der Statskeess ze iwwerweisen.

Mä de Wirtschafts- a Sozialrot, dee vum Premier mat der Fro befaasst gi war, koum zum Schluss, datt déi an der Theorie esou sympathesch Iddi eng Hällewull vu Problemer bei der praktescher Ëmsetzung opwerfe géif, woufir den CES dann och vun esou enger Negativsteier an dësem Moment ofgeroden huet. Datt déi gescheit Käpp am Wirtschafts- a Sozialrot net ganz Onrecht mat hirer negativer Bewäertung vun der Negativsteier haten, sollt sech weise wéi et drëm gaangen ass d'Tripartiteversprechen anzeléisen an entweder déi ausgesaten Indexupassung vum Kannergeld erëm anzeféieren oder awer ersatzweis e Genre Negativsteier oder Steierkredit anzeféieren. D'Regierung huet sech fir déi zweet Solutioun entscheet, déi awer elo net Negativsteier heescht, mä ebe Kannerboni.

Et ass kee Kannergeld bis, och wann et elo als dat ugesi gëtt. Et ass ganz einfach eng Ëmännerung vum Kannerabattement, dee bis elo am Steierbarème agebaut war, an deen an Zukunft a boer Mënz un all Famillje mat Kanner iwwerwise gëtt. Dat heescht, datt elo och déi Familljen, déi keng Steiere bezuelen, an de Genoss vun där Moossnam kommen, an déi 922,5 Euro pro Joer a pro Kand kréien, déi bis elo nëmmen deene konnten ugerechent ginn, déi Steiere bezuelen.

Domat wier déi leideg Diskussioun ëm eng Negativsteier op eng elegant Aart a Weis aus der Welt geschaaft. An déi, déi d'Suen am meeschten néideg hunn, ginn net méi eidel aus. Ob elo déi 922 Euro an enger Kéier wéi 2008, oder all Mount mam eigentleche Kannergeld ausbezuelt ginn, mécht der Kaz wuel kee Bockel. Mä déi monatlech Iwwerweisung, déi jo elo vun 2009 u virgesinn ass, huet de psychologeschen Avantage, datt si als Kompensatioun vun deenen ugesi ka ginn, déi elo duerch d'Ewechfale vum Kannerabattement am Barème op eemol d'Lounsteier ofgehale kréien.

Woumat mir dann och scho bei där zweeter aschneidender Mesure vun dësem Steierpak wieren. Si ass déi deierst, well si schléit mat bal 200 Milliounen zu Buch, mä dat hänkt och domat zesummen, datt si jiddferengem, dee Steiere bezilt, zegutt kënnt. Gemengt ass d'Upassung vum Steierbarème un den Index.

Et ass jo bekannt, datt de Stat iwwert de Steierbarème gewëssermoosse mat un der Deierecht verdéngt, an dat um Bockel vum Steierzueler. Dofir ass dann och virgesinn, datt de Barème periodesch un den Index ugepasst soll ginn. Dat ass awer déi lescht Joren net geschitt, an dat aus engem einfache Grond. Well deemools bei der Steierreform esou e groussen Hoff gemaach gi war, datt eigentlech eng Avance op d'Deierecht op Jore viraus agebaut war. Wann een natierlech déi Reduktioun vum Barème deemools ëm zweemol 4% net berücksichtegt, da kënnt ee schonn op e gewëssene Retard, dee vun deem engen oder aneren dann elo op 16% beziffert gëtt.

D'Regierung geet net mat op dee Wee. Net nëmme well dann e gehéieregt Lach an hirem Budget géif entstoen, mä och well et onverantwortlech wier, grad elo, wou d'Inflatioun och a besonnesch bei eis de Kopplabunz schléit, nach méi Suen ënnert d'Leit ze bréngen an an de Konsum ze pompelen. E bleift duerfir bei deene 6%, ëm déi elo de Barème zugonschte vum Steierzueler zréckgeschrauft gëtt.

Bei enger zweeter Steierkaart wierkt dat sech zum Beispill esou aus, datt ee Jonggesell vun 33 op 30% Retenue rutscht, an e bestuetene vun 19 op 12%. Dobäi däerf een awer net vergiessen, datt et sech bei der Lounsteier ëm eng Avance op d'Akommessteier handelt, an den definitive Besteierungstaux sech nom Gesamtakommes vum Stot riicht.

Egal wéi een et elo dréit oder kéiert, vum anere Joer u bezilt keen - keen! - een Cent méi Steieren. Och net déi, déi am Januar eng fir si ongewinnte Retenue gemaach wäerte kréien, well si kréien dat, wat als Lounsteier abehale gëtt, iwwert de Kannerboni jo erëm eran. Domat huet d'Regierung d'Konschtstéck fäerdeg bruecht, fir hire Budget méi fréi wéi geplangt erëm an d'Gläichgewiicht ze bréngen an nawell souwuel d'Investitiounsfonge gebührend ze fidderen, wéi och d'Steierlaascht ze reduzéieren.

Elo ass dann emol vereenzelt gemeckert ginn, d'Entreprisë wieren iwwer all deem vergiess ginn a géifen eidel ausgoen. Och dat stëmmt net. Wuel ass dës Kéier méi den Akzent op d'Steiererliichterung fir d'Haushalter geluecht ginn, mä vereenzelt ass och bei den Entreprisen d'Schrauf méi labber gemaach ginn; en attendant datt sech d'Regierung an d'Patronat am Laf vum anere Joren driwwer eens gi wat fir eng steierlech Moossnamen am iwwernächste Budget geholl solle ginn, fir d'Kompetitivitéit vun eiser Ekonomie ze erhalen, a wa méiglech hoffentlech nach auszebauen.

Dem Wonsch vun der Finanzplaz, den Droit d'apport um Kapital, dee soss bal iwwerall ofgeschaaft ginn ass, einfach ze sträichen, ass nëmmen hallef Rechnung gedroe ginn. Den Taux geet elo vun 1 op 0,5% erof. Par contre huet d'Regierung net dra gelaut wéi d'Finanzwelt proposéiert huet d'Fräistellung vun der Quellesteier op d'Dividenden, mat där d'Duebelbesteierung évitéiert soll ginn, net op d'EU-Länner ze beschränken, mä op all déi Länner auszedehnen, mat deene mir en Duebelbesteierungsofkommes hunn.

Duerfir huet awer d'Regierung punktuell op Plazen agegraff, wou eis Ekonomie sech en nohaltege Profit ausrechne kann; an zwar bei der Recherche an der Innovatioun. An deem Beräich si mer jo elo e gutt Stéck besser gestiwwelt wéi virdru säitdeem mir eis Uni hunn. Bei där gëtt zu Recht d'Fuerschung groussgeschriwwen, well hir Responsabel verstanen hunn, datt eisem Land mat Fuerschung an Innovatioun méi gedéngt ass wéi mat enger Allerweltsformatioun, enger Dosenformation, déi eis Jugend gradesou gutt wann net souguer besser am Ausland kréie kann.

D'Décisioun fir d'Bonifikatioun, fir d'Zousazinvestissementer erëm vun 10 op 12% eropzehiewen - dat kascht ëmmerhin 30 Milliounen -, ass geneesou ze begréisse wéi déi an Zukunft net nëmmen den Iwwerstonnenzouschlag, mä d'Iwwerstonnen insgesamt steierfräi ze maachen. Mä ganz besonnesch erfreelech ass déi zolidd Steierbefreiung vun 80% vun de Revenuen op d'Patenter an allgemeng op d'Akommes aus geeschteger Propriétéit, wéi dat esou schéin heescht. Dat ass gläich duebel erfreelech.

Engersäits gëtt mat dëser steierlecher Mesure op d'mannst een Deel vun deem Problem geléist, deen d'Bréisseler Kommissioun eis geschaaft huet, wéi si eisen Holdingen den Hals ëmgedréint huet. Dovunner ass och d'Brevetswiese betraff, well ganz vill Patenter ginn hei zu Lëtzebuerg an Holdinge verwalt. Op d'mannst fir déi hätte mir elo mat dësem Gesetz eng akzeptabel Solutioun ze bidden. Et bleiwen allerdéngs nach all déi sëllechen aner institutionell Holdingen, fir déi mer nach keng Léisung fonnt hunn. Dobäi hu mer net méi allze vill Zäit, well d'Gaalgefrist fir d'Holdinge leeft bekanntlech 2010 of.

Op där anerer Säit kann ee sech esou munches dervun erwaarden, wann elo d'Revenuen aus dem geeschtegen Eegentum zu 80% steierfräi ginn. Well dorënner och d'Informatikslogicielen an aner Computerëmgeréits falen, kritt Lëtzebuerg en zousätzlechen Ureiz fir d'Produzenten an d'Fournisseuren aus deem Beräich.

E regelrechten neie Créneau kann ee sech dovun erwaarden, datt och déi sougenannt Domänennimm - de Frënd Laurent Mosar huet kee Lëtzebuerger Wuert dofir fonnt; da géif ech soen, hie soll sech dru gewinnen, datt dat Internetadresse sinn, mat deene sech Milliounen a Millioune Firmen uechtert d'Welt am Internet identifizéieren, datt déi och an déi Kategorie falen. Well anerwäerts nawell gär de Steiergrapp bei deenen Internetadressen an hire Verwalter opgehale gëtt, ass net auszeschléissen, datt mir duerch dës Moossnam zur Terre d'accueil fir d'Opérateuren aus deem Beräich ginn, woumat mir natierlech de Spektrum vun eisem E-Commerce an eisen E-Commerce-Aktivitéiten nach e Krack méi breet maache géifen. Eng Perspektiv, déi op d'mannst versprécht!

Här President, zum Schluss nach e Wuert iwwert dat, wat net méi am Gesetz steet, wat awer geduecht war fir dranzekommen. Ech mengen déi Mesuren, déi mathëllefe sollten, iwwert de steierleche Wee d'CO_2-Emissiounen ze bremsen. En éischte wichtege Schrëtt an déi Richtung ass jo scho virun engem Joer gemaach ginn, wéi d'Autossteier ugehuewe gouf, an zwar esou, datt déi, déi am meeschten d'Loft verpeschten, och am déifsten an de Porte-monnaie gräife mussen. D'Rechnung gëtt eis jo an dësen Deeg vum Bréifdréier an d'Haus geliwwert a Form vun Nobezuelungsbescheeder vun der Douane, bei deenen deen een oder deen aneren nawell Tréinen an d'Ae kritt.

Deemools war scho gesot ginn, datt déiselwecht Antipollutiounsphilosophie sech misst op déi gutt 30.000 Leasingsautoen applizéieren, déi uechtert d'Land an och iwwert d'Grenzen ewech zirkuléieren. Dat sollt da mat dësem Gesetz an d'Praxis ëmgesat ginn, an zwar iwwer zwee Weeër: Éischtens sollten d'Leasingsautoen ab engem bestëmmten Emissiounsniveau - de Laurent Mosar huet et elo grad gesot, 190 Gramm CO_2-Ausstouss pro Kilometer - net méi vun de Betriber steierlech ofgeschriwwe kënne ginn. An zweetens sollt den Taux vum besteierbaren Avantage en nature fir de Salarié vun 1,5% vum Präis vum Auto op 2% ugehuewe ginn.

Béid Moossname stinn elo net méi am Gesetz. Awer net, well d'Regierung si fale gelooss hätt, mä well si agesinn huet, datt een esou Décisiounen net iwwer Nuecht, mä nëmme mat engem gewëssen Zäitvirlaf ëmsetze kann. Well si an där wichteger Fro vum Leasing näischt iwwert de Knéi brieche wollt, huet d'Regierung hir Mesurë provisoresch zréckgezunn. Um Prinzip awer hält si fest. Dat heescht an anere Wierder, fir 2009 kënnt ees wéi ees eppes. Mä iwwert den Detail schéngt d'Regierung bereet ze sinn, mat sech schwätzen ze loossen.

Natierlech hunn déi envisagéiert Moossnamen an éischter Linn eppes mat Kyoto ze dinn, dat sech lues awer sécher an de Käpp festsetzt. Mä de Fait, datt hei offensichtlech d'Bedeitung vum Leasing a vum Auto als feste Bestanddeel vun der Rémunératiounspolitik an eise Betriber, an deene Betriber mat ganz ville Grenzgänger ënnerschat gouf, deit dorop hin, datt dat ganzt Klimawiesselgedäisch entre-temps all aner Iwwerleeungen an de Schiet stellt a riskéiert an eng systematesch Verdäiwelung vum Auto auszeaarten. Do musse mir eis schonn d'Fro stellen, op wat mer erauswëllen.

(Interruption)

Dir kënnt elo emol nolauschteren, well et geet och lech eppes un.

Mir mussen eis do d'Fro stellen, Här Gira, ob eng Gesellschaft ouni Autoen oder eng, wou nëmmen nach déi Räichst sech en Auto leeschte kënnen, dat ass, wat mer wëllen. A wa mer dat wëllen, da musse mer et och...

(Interruption)

...a wa mer dat wëllen, da musse mer och esou éierlech sinn, datt mir de Leit dat soen.

(Interruption)

M. le Président.- Soll ech lech aschreiwen als Riedner? Wann den Här Thiel domat d'accord ass?

M. Lucien Thiel *(CSV)*.- Jo, sécher.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.- Just eng Fro, fir dass d'Debatt dann och vläicht da wierklech interessant gëtt an net eesäiteg.

Zu deem, wat Dir do sot, dass just nach déi Räichst sech dat kënne leeschten. Zwou Remarquë just dozou an eng Fro. D'Remarque ass: Dat gëllt net nëmme fir d'Autoen, dat gëllt fir alles. Dat ass näischt, wat autospezifesch wier, dass Leit mat méi Sue sech aner Saache kënne leeschten...

Une voix.- Très bien.

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG)*.-...wéi Leit ouni Suen.

Dir entdeckt vläicht déi sozial Fro, do si mer gäre bereet, fir mat lech ze debattéieren.

An d'Fro un lech ass awer, Här Thiel: Sidd Dir net vläicht och der Meenung, dass grad, wann näischt ännert, wann et net esou ass, dass mer eis grad mat deene Froen do auserneesetzen, genau dat wäert antrieden, wat Dir elo prophezeit, nämlech dass da wierklech just nach Leit mat wäit iwwerduerchschnëttleche Revenuë sech kënnen eng individuell Mobilitéit leeschten? Dass, wann näischt ännert, dat doten antrëtt, an net, wa mer eppes änneren?

Sidd lech däers vläicht bewosst, Här Thiel.

M. Lucien Thiel *(CSV)*.- Här President, wann eis gréng Frënn net esou ongedëlleg wären, dann hätte se nach eng Minutt gewaart, dann hätte se vläicht eng Äntwert vu mer kritt. Duerfir fueren ech dann elo weider, da kënnt se.

Also, wéi gesot, ech bleiwen awer derbäi, mir mussen de Leit dobausse soen, wat mer wierklech wëllen. Mir mussen éierlech sinn, mir musse mat offene Kaarte spillen, an ech fäerte ganz, do di mer eis an dëser Fro schwéier.

Et stellt sech d'Fro jo guer net, ob mer den Auto ofschafen oder net. De Problem ass schliesslech manner deen, datt mir ze vill Autoen hätten, deenen hir Zuel souwisou zu engem gudden Deel mat där Zuel ze dinn huet vun de Grenzgänger, déi all Dag an d'Land kommen, fir eis ze hëllefen, eis Aarbecht ze maachen. E bësse méi eng breet Autobunn an eng besser Organisatioun vum kollektiven Transport kéinte schonn derfir suergen, datt den Individualverkéier bei eis méi flësseg gëtt.

Eisen Autospark selwer wäert souwisou kaum nach wuessen, well et kann ee jo schliesslech net mat zwee Autoen zugläich duerch d'Landschaft kutschéieren. Wann en nach eppes sollt wuessen, da wiisst en héchstens nach mat der Zuel vun de Frontalieren.

Neen, deen eigentleche Problem ass net dee vun der Zuel vun den Autoen. Den eigentleche Problem ass deen, datt eis Autoen d'Ëmwelt ze vill verdrecksen an domat dauerhafte Schued uriichten. Dee Problem musse mir geléist kréien.

An dat ass duerchaus denkbar, Här Braz, ouni datt mir d'Autoe gläich ofschafe mussen. Mir bräichte se just méi propper ze maachen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Thiel. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Claude Meisch. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Meisch *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'alleréischt dem Rapporteur vun deem Projet de loi 5801, dem Laurent Mosar, Merci soe fir déi detailléiert Explikatiounen, souwuel a sengem schrëftleche wéi och a sengem mëndleche Rapport.

Hien hat et net einfach, well effektiv hu mer hei e Projet de loi virleien, wou ganz ënnerschiddlech Sujeten opgeworf ginn. Et geet do vun der Familljepolitik iwwer - wéi mer elo kierzlech vu mengem Virriedner nach eng Kéier héieren hunn - d'Besteierung vun der Propriété intellectuelle bis hin zu Informatiounen un d'Gemengen am Domän vun der Gewerbesteier; insgesamt zéng eenzel Mesuren, déi net ëmmer konkret matenee reliéiert waren.

An d'Fro ass duerfir och berechtegt, ob dat heiten eng gutt legislativ Praxis ass, fir esou komplex an eigentlech vuneneen onofhängeg Sujeten, déi net mateneen a Relatioun stinn, an ee Projet de loi ze ficeléieren, an dann och nach dee Projet de loi innerhalb vun zwee Méint hei ze déposéieren, ze aviséieren an dann och haut jo nach ze stëmmen.

Do war och keng déif gräifend Analys méiglech zu eenzelne Punkte wéi zum Beispill zur Steierpolitik an zur Familljepolitik. Vläicht war déi déif gräifend Debatt jo och guer net gewollt. Déi eenzel Moossname sinn da wierklech eng Usammlung vun Eenzelmoossnamen a bette sech net ëmmer an e Gesamtkonzept.

Et gëtt eng ganz Rei vu Moossnamen, déi an dësem Projet de loi proposéiert ginn, mat deenen d'Demokratesch Partei sech kann averstanen erklären. Et sinn ënner anerem déi, déi en faveur si vum Développement économique vun eisem Land. Sief et d'Steierbefreiung, sief et awer och d'Favoriséiere vun den Investissementer hei am Land an d'Propriété intellectuelle. Domadder kënne mer eis d'accord erklären, domadder kënnen nei Aktivitéitsfelder erschloss ginn.

Mir waren och e bëssen erstaunt ze gesinn, datt een Deelaspekt vun engem anere Projet, nämlech vum Statut unique, hei an dësem Projet de loi soll mat ëmgesat ginn, nämlech d'Steierfräistellung vun den Iwwerstonnen. Mir wëssen, datt de Statut unique jo awer eréischt 2009 soll gräifen, an d'Fro ass berechtegt, firwat eben elo deen dote Schrëtt elo scho maachen, wann de Statut unique am Detail nach net ganz ficeléiert ass, wann do nach Froen opstinn an en och eréischt 2009 soll a Kraaft trieden.

Et kënnt eigentlech dann dozou och an der Iwwergangsperiod, am Laf vum Joer 2008, zu engem Auserneendriften nach emol vun deene Statuten, déi awer jo eigentlech herno duerch de Statut unique sollen éischter aneneefléissen. Prinzipiell kann ee sech awer och mat deem doten Deelaspekt vum Statut unique d'accord erklären.

Eis Fro ass awer: Wat kascht dat doten de Stat? Wat sinn déi Moins-valuen, déi do prognostizéiert kënne ginn?

D'accord si mer och mat deenen Dispositiounen iwwert d'Besteierung vum Partenariat. Dat ass eng gutt Optioun fir deene Koppelen, déi sech als Partenariat agedroen hunn, de Choix ze loossen tëschent der individueller Besteierung oder der Besteierung als Koppel.

Ech wëll awer do eng Klamer opmaachen. Mir deelen och d'Meenung vum Conseil d'État, datt dann deeselwechte Choix och misst gëlle fir déi bestuete Koppelen. Ech wëll awer och drop opmierksam maachen, datt mer dann nach net dat hunn, wat mer eigentlech Individualiséierung vun der Besteierung kënnen nennen, well mer duerch de Splitting nach ëmmer eng Situatioun hunn, datt oft am Stot deen, deen dee klenge Revenu huet, méi héich besteiert gëtt, wéi wa mer en anere Steiermodell, en anere Steiersystem hätten. Dat dréit net onbedéngt dozou bäi, datt virun allem méi Fraen an d'Beruffsliewe sollen antrieden.

Déi Diskussioun iwwert d'Besteierung vun den Déngschtween ass richteg résuméiert hei gi vum Rapporteur, awer och virdru vum Lucien Thiel. D'Regierung hat eng Propositioun gemaach, déi bei eis, awer och bei virun allem deenen Acteuren am Land op Widderstand gestouss ass. Et war déi richteg Décisioun, fir elo emol sech Denkzäit ze ginn. Och do kann ee soen, datt et esou muss sinn, datt d'Déngschtween am Prinzip mussen aneschters steierlech traitéiert ginn, jee nodeem wéi vill CO_2 datt se ausstoussen.

Manner Versteesdemech hate mir als Demokratesch Partei awer géint déi Augmentatioun vun der Besteierung vun de Leasingween, déi dann och de Privatpersounen zur Verfügung gestallt ginn. Do wär et finalement nëmmen drop erausgelaf, datt et zu enger Steieraugmentatioun fir Privatleit komm wär. Mir hunn net richteg verstanen, wat den ökologeschen Hannergrond vun där Mesure sollt gewiescht sinn. Mir hoffen, datt am Laf vun deenen nächste Méint, éier dann en neie Projet wäert kommen, den Dialog mat deene concernéierte Secteuren do gesicht gëtt an datt och d'Finanzkommissioun mat agebonne bleift an déi doten Diskussioun.

Dann zum sécherlech Kärstéck vun dësem Projet de loi, alles dat, wat ronderëm de Kannerbonus, d'Ofschafung vun der Steiermoderatioun an och d'Besteierung tout court dréint. Dat ass jo och dee Punkt, deen d'Leit am Land bäi Wäitem am meeschten interesséiert.

D'Demokratesch Partei ass d'accord wann et dorëms geet, eppes ze maache fir déi kleng Revenuen, fir deem, deen Hëllef brauch, méi staark kënnen ze hëllefen. Mir plädéieren net eréischt zanter der Diskussioun ëm de Kannerbonus fir eng méi selektiv Sozialpolitik. Amplaz datt mer mat der Géisskan iwwert d'Land fueren a jiddferengem datselwecht ginn, kommt, mir gi geziilt deene Leit, déi an hirer Situatioun eng Hëllef brauchen!

Duerfir, wa mer finalement opgrond vun enger Rei vun eiser Meenung no gudden Argumenter géint de Kannerbonus stëmmen, brauche mer eis hei och net d'Schell unhänken ze loossen, déi eis eigentlech guer net gutt zu Gesiicht steet.

E Wuert zur Negativsteier. Och d'Demokratesch Partei huet sech an der Vergaangenheet mat der Negativsteier auserneegesat. Mir haten eng Propositioun dohigehend gemaach 1994 an eisem Wahlprogramm. Mir sinn awer eigentlech vun engem anere Modell vun Negativsteier ausgaangen. Nämlech fir eis war d'Negativsteier op där enger Säit en Zesummefaasse vun enger ganzer Rei vu Sozialleeschtungen, vu Familljeleeschtungen, an en Oprechne mat der Steierlaascht.

Dat hätt eng Rei vun Avantagë gehat. Et wär zu enger Vereinfachung vum System komm. Mir hätten onnéideg Transferten hin an hier -

aus der Täsch vum Bierger eran an d'Täsch vum Bierger - évitéiert. Mir hunn éischter eng Approche gehat vun engem Biergergeld, wou awer och d'Iddi derbäi war, datt een deene mat méi klenge Revenuen, déi bis elo vun eisem Steiersystem eigentlech oft lénks leie gelooss gi sinn, méi geziilt hätt kënnen iwwer esou e Modell ënnert d'Äerm gräifen.

Finalement kann een zwar soen, datt de Kannerbonus mat der Ofschafung vun der Kannermoderatioun e selektiivt Element ass, well een elo bei der Aféierung gesäit, datt déi Stéit mat deene klenge Revenue besonnesch dovunner profitéieren. Wa mer eis awer d'Vergaangenheet emol eng Kéier ewechdenken a kucken, wéi de Modell herno dosteet, dann ass et schonn esou, datt jiddfereen déiselwecht Zomm herno kritt an eigentlech dat selektiivt Element just dee Moment zum Virschäi kënnt, wou mer de System aféieren, an awer net herno Bestand wäert hunn.

Fir ganz vill Familljen hei am Land wäert dann de Kannerbonus an d'Ofschafung vun der Kannermoderatioun och näischt aneschters bedeiten, wéi datt se Geld aus där enger Täsch geholl kréien, dat se eigentlech herno an déi aner Täsch vum Stat erëm eragedréckt kréien. A wann de Stat d'Geld vun där enger Hand an déi aner gëtt, fir dann erëm zréckzebezuelen, da geet et iergendzwousch dertëschent och verluer, a vun deenen 922,5 Euro pro Kand wäerten och e puer Cent Verwaltungskäschte mat derbäi sinn.

Duerfir stelle mir eis d'Fro: Firwat musse mer eigentlech dann och deene Leit, fir déi dës Operatioun hei neutral ass, d'Geld fir d'éischt ofhuelen, fir hinnen et herno nach emol kënnen zréckzeginn?

Effektiv, déi méi kleng Revenuen, déi wanne ganz besonnesch hei. Et ass awer net esou, datt dat eréischt bei Revenue vu 40, 50, 60.000 Euro géif ophalen oder ufänken eng neutral Operatioun ze ginn.

Déi Zuelen, déi de Finanzminister hei an der Chamber selwer presentéiert hat, déi Beispiller weisen, datt wann een zum Beispill e Revenu imposable vu 720.500 Euro huet an et huet een ee Kand, da bleift ënnert dem Stréch herno nach duerch d'Aféierung vum Kannerbonus an d'Ofschafung vun der Kannermoderatioun en Nettoresultat vun 141 Euro.

Dat heescht, wann een zweemol de Mindestloun huet - hei ass e Beispill wou eng Kéier de qualifizéierte Mindestloun an eng Kéier den onqualifizéierte Mindestloun verdéngt gëtt -, dann ass dat, wat iwwreg bleift, awer scho ganz wéineg. A wann een elo e puer Euro méi wéi den duebele Mindestloun verdéngt, da gëtt et ganz schnell, op jidde Fall bei engem Kand, eng neutral Operatioun.

Duerfir féiert eigentlech d'Aféierung vum Kannerbonus mat der paralleller Ofschafung vun der Kannermoderatioun och zum Deel dozou, datt zu zwee schaffe goen net onbedéngt méi interessant gëtt, mä éischter nach manner interessant gëtt. Och hei ganz besonnesch ginn erëm Fraen découragéiert fir eng berufflech Aktivitéit opzehuelen oder weiderzefëieren, well wa se aktiv sinn, se an déi Revenu-Kategorië falen, wou se herno duerch déi heiten Operatioun net méi kënne profitéieren.

Déi dote Politik steet an eisen Aen am Widdersproch zu enger Politik, déi mer op ganz villen anere Plazen awer wëlle favoriséieren. Ech denken un de Prozess vu Lissabon, wou ganz kloer gesot gëtt, wa mer eis Ekonomie wëlle weider dynamiséieren, wa mer weider wëlle wuessen, wa mer kompetitiv wëlle bleiwen, da musse mer och kucken, datt mer d'Fraen an den Aarbechtsmaart kréien, datt mer méi Fraen an den Aarbechtsmaart kréien, datt mer se méi laang an de Betriber kënnen halen.

Mir wëssen, datt mer hei zu Lëtzebuerg en Aarbechtsmaart hunn, dee genau dat dote freet, datt mer ganz wäit oft qualifizéiert Leit musse siche goen, fir hei zu Lëtzebuerg kënnen anzestellen. An datt mer duerfir och all Intérêt hunn, dee relativ niddregen Taux u Fraebeschäftegung hei am Land awer lues a lues, Stéck fir Stéck eropzedreiwen.

Mir wëssen och, datt ganz vill Fraen hei am Land wunnen, déi eng ganz gutt Formatioun hunn, a wou et der Ekonomie nëmme kann déngen, wann déi och beruffstäteg si respektiv iwwer méi laang Strecke beruffstäteg bleiwen.

Wa mer déi grouss Erausfuerderunge considéréieren, déi och am Domän vun der Sécurité sociale op eis waarden, sief et Renten, sief et Gesondheet, da wësse mer och, datt et oft besser wär, mir géifen an enger Koppel zu zwee cotiséieren, da wäre mer méi ofgeséchert, virun allem och herno am Fall vun enger Scheedung, wou et jo oft deen ass, deen net geschafft huet, deen a méi eng penibel Situatioun ka geroden.

Mir als Demokratesch Partei hunn eis och mat der Thematik auserneegesat, wat fir eng Familljepolitik wëlle mer maachen, wéi wäit soll se weider op d'Geldleeschtung achséiert sinn an awéiwäit hätte mer gären eng Familljepolitik, déi Sachleeschtungen, spriech ganz besonnesch d'Betreiung soll ubidden. Duerfir solle mer fir d'alleréischt eis emol d'Fro stellen: Wat brénge Geldleeschtungen? Erreeche mer ëmmer déi Ziler domadder, déi mer eis gesat hunn?

Mir maachen haut hei am Land eng Familljepolitik, déi zum groussen Deel op Geldleeschtunge baséiert. E ganz groussen Deel dovunner ass sécherlech d'Kannergeld. D'Fro muss erlaabt sinn, ob mer déi Ziler mat deem dote System wierklech erreechen. Kréie mer d'Familljе wierklech do ënnerstëtzt, wou se Hëllef brauchen? Kënnt dat Geld herno och wierklech de Kanner zegutt an deene jeeweilege Familljen?

An defavoriséierte Verhältnisser opzewuessen, ass och eng Fro vu Geld, ganz sécherlech, mä ganz oft eben och net nëmmen. D'lescht Woch hu mer hei d'Konklusioune gezunn aus der leschter PISA-Etüd. Och do ass eis opgefall, datt eise Schoulsystem angeblech et net fäerdeg bréngt, déi sozial Ënnerscheeder lues a lues ze iwwerdecken a jiddferengem déiselwecht Chancen iwwer eng Educatioun op de sozialen Opstieg kënnen ze ginn.

Mä et ass wahrscheinlech net nëmmen d'Schoul, déi do gefuerdert ass, et ass och do d'Familljepolitik, déi gefuerdert ass. Mir mussen och do mat aneren Instrumenter erugoen, an eleng do Geld de Familljen zur Verfügung ze stellen, dat gräift an eisen Aen ze kuerz. Och do musse mer vill méi nach an eng qualitativ Betreiung eragoen.

Dann en anere Sujet, dee mer analyséiert hunn, an e Problemfeld, wat vun Eenzelnen am Land ëmmer erëm opgeworf gëtt, wann ee Rapportë liest - dat si Rapportë vu Chamberskommissiounen, dat si Budgetsrapporten, dat sinn Avisë vum Conseil d'État oder vun aneren Instanzen -, dat ass den Export vun eise Familljeleeschtungen. En Thema, wou mer mam néidege Fangerspëtzegefill sollen drun erugoen. En Thema, dat awer och keen Tabuthema däerf sinn.

2006 hu mer de Familljeleeschtunge fir Kannergeld 280 Milliounen exportéiert, wat och normal ass, wat richteg ass, a wat och laut EU-Gesetzgebung esou virgesinn ass. Dat heescht awer, datt déi Montanten, déi u Kannergeld ausbezuelt gi vun der Kannergeldkeess, zu 42% mëttlerweil schonn an d'Grenzregioun fléissen an eben nach just zu 58% hei am Land bleiwen.

Wat nach méi dramatesch ass, dat ass déi Entwécklung. Well wa mer zéng Joer zréckkucken an d'Joer 1996, da waren dat grad emol 55 Milliounen, déi exportéiert gi sinn. Mer schwätzen also hei vun enger Verfënneffachung vun den absolute Montanten, déi u Kannergeld exportéiert ginn. Et huet och deemools just 22% ausgemaach par rapport zu 42% vum gesamt ausbezueltene Kannergeld, dat an d'Grenzregioun exportéiert gëtt.

Hei gëtt an eenzelne Rapporte wierklech och vun exponentiellë Steigerunge geschwat. Wa mer eis dann an déi Diskussioun zréckversat spieren, déi mer virun zwee, dräi Joer hei gefouert hunn, wou mer de Statsdefizit diskutéiert hunn, wou mer gesot hunn: Mir hunn e System, wou mer eng Rei vun Automatismen hunn, déi erklären, datt mer och bei gudder Croissance, bei engem wuessenden Aarbechtsmaart, bei steigender Wirtschaftsleeschtung en Defizit hunn, well eben d'Recettë mat generéiert ginn duerch déi Croissance, duerch déi nei Aarbechtsplazen, dann ass dat heiten eppes, wat mer net kënnen négligéieren, wou mer ganz genee mussen drop oppassen, wa mer wëllen och an Zukunft op eis Statsfinanzen Uecht ginn.

D'Fro duerfir och - ech hu se d'lescht Woch hei gestallt gehat -: Vun deenen 100 Milliounen Euro, déi elo duerch d'Aféierung vum Kannerbonus an d'Ofschafung vun der Kannermoderatioun insgesamt méi un d'Leit ginn, déi et de Stat méi kascht, wivill bleift do herno nach hei am Land a wivill gëtt an d'Grenzregioun exportéiert? Eng Fro, déi jo awer och muss kënne gestallt ginn, fir eben eng Äntwert drop ze ginn, ob deen exponentiellë Wuesstum vum Export, dee mer hei maachen, nach weider Undriff gëtt, oder fir ze kucken, ob mer da wierklech lues a lues zu engem Ofbremsen do kënne kommen.

Dat sinn eng Rei vun Aspekter, déi mir eis besonnesch iwwerluecht hunn. Insgesamt wa mer esou nei familljepolitesch Instrumenter awer och wëlle schafen, da musse mer eis e Gesamtkonzept ginn. Da musse mer kucken: Wat fir eng Instrumenter gëtt et? Do gëtt et der ganz vill. Do gëtt et der virun allem ganz vill, déi am Laf vun deene leschten 20, 30, 40 Joer geschaaft gi sinn. An eigentlech all Jorzéngt ass en neit Instrument derbäikomm. Déi existéieren haut nach ëmmer. Se hunn oft entgéintgesaten Ziler a kaschten ënnert dem Stréch dann och nach ganz vill Geld.

Duerfir muss ee sech insgesamt emol eens sinn: Wat fir eng Familljepolitik maache mer? Wou wëlle mer agéieren? Wat fir eng Ziler setze mer eis, fir déi dote Leeschtung emol eng Kéier op de Leescht ze huelen, ze iwwerdenken an nei auszeriichten? An dat Ganzt besonnesch ze maachen, éier mer nei Systemer do dernieft en place setzen.

Mir sinn der Meenung, datt mer méi Betreiung brauchen, datt mer also deen Hiewel vu Geldleeschtunge Schrëtt fir Schrëtt a Richtung Sachleeschtunge mussen eriwwerdrécken. Mir hu Länner, wéi zum Beispill déi skandinavesch Länner, déi hir Familljepolitik haaptsächlech iwwer Sachleeschtung maachen an domadder och ganz gutt Resultater kënne bréngen. Dat ass en Hiewel, deen och hei am Land nëmme Schrëtt fir Schrëtt kann ëmgeluecht ginn. Duerfir versti mer eigentlech och net, firwat mat dëser Mesure den Hiewel nach emol méi a Richtung Geldleeschtung gedréckt gëtt. Dat an engem Joer, wou mer op där anerer Säit da gläichzäiteg och d'Präisser an de Crèchen däitlech nach emol no uewen upassen ëm 8%.

Mir sinn och der Meenung, datt d'Schaffen och fir deen Zweeten am Stot sech muss lounen. Mir hunn duerfir d'Iwwerleeunge gemaach, ob de Steiersplitting nach adaptéiert ass, ob en net éischter oft d'Frae bremst, fir berufflech aktiv ze ginn oder ze bleiwen. Mir mussen eis och Gedanke maachen ëm d'Präisstruktur an de Betreiungsstrukturen, an eben och hei - wéi ech virdrun développéiert hunn - de Kannerbonus en Instrument wäert sinn, deen net onbedéngt derzou bäidréit, datt d'Fraen éischter berufflech aktiv wäerte ginn.

Mir sinn och der Meenung, datt de Congé parental soll iwwerduecht ginn, well mer feststellen, datt ganz besonnesch d'Pappen dovunner net profitéieren. Eppes, wat mer awer als sënnvoll fannen, datt och Pappe sech méi an d'Erzéiung vun hire Kanner am Familljeliewen aktivéieren. Mir stellen och fest, datt oft Familljе mat engem mëttleren, mat engem héijen Akommes vum Congé parental net kënne profitéieren, net wëlle profitéieren, well se och hire Liewensrhythmus op dat Akommes agestallt hunn, an dat, wat een als Indemnitéit während dem Congé parental kritt, oft deem net entsprécht.

A mer sinn der Meenung, datt een d'Kannergeld soll iwwerdenken. Iwwerdenken, fir op där enger Säit den Export an de Grëff ze kréien. Iwwerdenken, fir och méi zilgerecht kënnen ze ginn, ebe grad selektiv kënne virzegoen, nach emol deem ze hëllefen, dee méi Hëllef brauch. Duerfir proposéiere mer e Kannergeld, wou all Kand datselwecht kritt.

Haut ass et jo esou, datt dat zweet, dat drëtt Kand méi Kannergeld kritt wéi dat éischt. Do ass en natalisteschen Aspekt derhannert, deen awer hei zu Lëtzebuerg jo séier wéineg bruecht huet. Wa mer eis Gebuertenzuelen ukucken, da si mer do net déi Allerfläissegst an Europa an op der Welt. Duerfir menge mer och, datt déi natalistesch Approche net méi soll weidergefouert ginn.

Mir hätten also gär datselwecht Kannergeld fir jiddfereen. Awer en Deel vun deem, wat mer haut u Kannergeld bezuelen - a wa mer jo déi 100 Milliounen hunn, déi offensichtlech dann elo do sinn, kënne mer dat jo och nach an deen dote System mat eraleeën -, a Wunngeld bezuelen. Wunngeld, dat dann och selektiv ausbezuelt gëtt, wat en Fonctioun vum Revenu vun der Famill berechent gëtt, wat en Fonctioun vun der Kannerzuel berechent gëtt. Well wunnen ass oft dat, wat fir Familljen deier gëtt. Wunnen ass oft dat, wat vill méi deier gëtt wann ee Kanner huet. Wann een een, zwee, dräi Kanner huet an et brauch een een, zwee, dräi Zëmmer, esou vill Metercarréé méi: Kuckt d'Zeitunge vun haut, da gesitt Der wat dat méi kascht an engem Appartement, an engem Haus. Da weess ee wéi d'Belaaschtung fir déi dote Famill an d'Luucht geet.

Mir wësse jo awer och, datt et genau deen dote Problem ass, mat deem d'Familljen haut hei am Land konfrontéiert sinn, sech iwwerhaapt nach kënnen ze erlaben hei am Land ze wunnen. Mer sollen net déi Approche oder déi Noutléisung, déi ganz vill Familljе sech jo selwer musse ginn, fir dann déi aner Säit vun der Grenz wunnen ze goen, nach emol verstäerken, andeems mer hinnen d'Geld och nach do mat eriwwer iwwerweisen. Duerfir soe mer: Kommt mer kucken dee Problem hei am Land ze léisen. D'selektiivt Element ass doranner, datt jo wunnen hei am Land vill méi kascht wéi am Ausland. Duerfir menge mer och, datt een duerfir hei am Land kann insgesamt vill méi hëllefen.

Deen anere Sujet, wou mer net d'accord si mam Regierungstext an deem, wéi e finalement dann och hei wäert gestëmmt ginn, dat ass d'Upassung vun der Steiertabell. Do gëtt ganz vill ronderëm geschwat. Et ginn eenzel Approchen zu där Thematik do. Ech wëll eis nach eng Kéier kloer duerleeën: Mir haten zanter där grousser Steierreform vun 2002 elo op 2008 eng Inflatioun vu 16% gekuckt. Dat huet derzou gefouert, datt mer eng schleichend Steiererhéijung bei der Akommessteier vun engem Volume vu 500 Millioune verzeechnen. Elo kënnt et zu enger Adaptatioun, déi awer dann nëmmen op 6% Inflatioun gerechent ass, amplaz op 16%, déi dann och nëmmen eng Entlaaschtung vun 200 Milliounen Euro bréngt.

Wa mer d'Steiertabell ëm 6% adaptéieren, da musse mer jo och wëssen, datt mat enger Inflatioun vun 3% pro Joer, wat d'Leit elo méi kréien, datt dat ganz schnell erëm opgiess gëtt an datt mer do eigentlech just bei deem Duebele leien, wat pro Joer un Inflatioun automatesch erëm u Steiererhéijunge mat ugedriwwe gëtt. Insgesamt ginn also 500 Milliounen Euro méi u Steiere bezuelt; an 200 Millioune manner u Steiere bezuelt. Da bleift eng Steiererhéijung vun 300 Milliounen Euro.

Duerfir sinn ech net domadder d'accord, datt Eenzelner hei an op anere Plazen ëmmer erëm soen: D'Leit ginn elo entlaascht. Neen, dat stëmmt net. D'Leit ginn duerch dës Regierung, duerch déi heite Politik, och duerch déi heite Steierpolitik, déi gemaach gëtt, zousehends nach ëmmer belaascht, wa mer et - virun allem wat d'Steiertabell ubelaangt - op den Niveau vun 2002 zréckrechnen. Dat ass d'Realitéit an net déi arythmetesch Akrobatik, déi Eenzelner dreiwe wa se iwwer eng sougenannt Upassungsavance diskutéieren.

Mir sinn der Meenung, datt mer de Leit am Land musse Loft loossen, fir zum Beispill déi steigend Zënse kënnen ze bezuelen, fir dat deiert Wunnen hei am Land kënnen ze bezuelen, fir déi méi héich Energiekäschte kënnen ze bezuelen, fir déi deier Inflatioun kënnen ze verkraaften. Well mer wësse jo och do, datt dat duerch d'Indexmodulatioun net ëmmer integral duerch den Index mat ofgefiedert gëtt. Mir wëssen, datt och an eenzelne Secteuren eng net ëmmer - oft eng richteg - moderat Lounpolitik gemaach gëtt. Mä duerfir solle mer kucken, datt mer eng Steierpolitik maachen, déi de Leit et erlaabt déi dote Belaaschtung, déi net oder oft net vun der Politik décidéiert ginn ass, och kënnen ze schëlleren.

Duerch d'Netupassung vun der Steiertabell an eben elo dann 2008 duerch déi nëmme partiel Upassung vun der Steiertabell ass dann och en Effet ze verzeechnen, datt ganz besonnesch déi mëttel Akommesse belaascht ginn, well déi héich Akommes oft um Spëtzesteiersaz louchen, an dodriwwer duerch d'Inflatioun net konnten iwwert de Spëtzesteiersaz eraus, an déi kleng Akommessen, wéi mer jo alleguer zesumme festgestallt hunn, oft souwisou keng Steiere bezuelen. An et si ganz besonnesch och nach déi Familljе mat Kanner, mat een, zwee oder méi Kanner, déi méi belaascht gi wéi Familljen ouni Kanner, duerch d'Netupassung vun der Steiertabell. Och dat ass en Effet vun der Familljen- a Steierpolitik vun dëser Regierung.

An da kënnt jo nach dobäi, mer schwätzen hei net nëmme vun där doter Steiererhéijung, mer schwätze vun anere Steiererhéijungen, deem Sujet, dee jo da momentan erëm ganz aktuell ass: d'Autossteier, d'Accisen um Benzin an um Diesel, d'TVA, d'Augmentatioun vum Bäitrag fir d'Fleegeversécherung an esou weider.

Och dat gräift de Leit an de Porte-monnaie an duerfir soe mer finalement, mer brauchen déi komplett Adaptatioun vun der Steiertabell, wann d'Leit sollen all déi aner Laaschten, déi d'Politik décidéiert huet, an

déi, déi op anere Weeër entstane sinn, kënne schëlleren hei an dësem Land.

D'Fro ass berechtegt: Wéi soll dat finanzéiert ginn? Mir hunn do schonn 2006 eng Rei vu Propositioune gemaach, déi sech an eisem 33 Punkten ëmfaassende Reformprogramm erëmfannen. Mir hu gesot, kommt, mer kucken emol eng Kéier, ob déi Subsidepolitik, déi mer a ganz villen Domäner maachen, sënnvoll ass, ob se déi Ziler erreecht, déi mer eis erwaarden, ob mer net mat anere politeschen Instrumenter déi Ziler do besser kënnen erreechen.

Mir plädéiere wierklech fir eng selektiv Sozial- a Familljepolitik. Mer mierken awer och, datt, wa mer emol déi Augmentatiounen oder déi Plus-valuen an der Akommessteier erausrechnen, déi duerch d'Netadaptatioun vun der Steiertabell entstane sinn um Niveau vun der Akommessteier, mer nach ëmmer eng Croissance vun der Akommessteier hunn. Dat heescht, och do ass Spillraum op deem doten Niveau.

Finalement bleiwe mer der Meenung, datt et och an engem Land wéi Lëtzebuerg, a grad an engem Land wéi Lëtzebuerg ka sinn, datt méi niddreg Steiersätz herno zu méi Recettë kënne féieren, well oft, wa mer d'Steieren eropsetzen, d'Leit hei an engem klenge Land, wat virun allem vun de Betriber, déi aus dem Ausland kommen, wat och vun der Main-d'œuvre, déi aus dem Ausland kënnt, lieft, datt déi Leit, déi hei d'wirtschaftlech Dynamik kreéieren, ganz schnell dann och erëm kënne fort sinn.

Ech stellen do just fest, datt mir als Demokratesch Partei op eiser Linn bleiwen, enger Linn, déi mer 2002 definéiert hunn, deemools zesumme mat der Chrëschtlech Sozialer Vollekspartei, fir eng méi déif gräifend Steierreform ze maachen, wou mer d'Steieren erofgesat hunn, wou mer d'Bierger an dësem Land entlaascht hunn.

An ech stellen nun eben emol leider fest, datt et d'CSV ass, déi vun där doter Linn ofwäicht, well ech och eraushéieren an all deenen Argumentatiounen, datt een eigentlech net méi d'Zil huet, nach emol op déi Tauxe vun 2002 wëllen zréckzekommen.

Wa mer eis hei éischter mat 1990 vergläichen, d'Inflatioun zanterdeem an d'Steiertabell zanterdeem matenee vergläichen, da schéngt op jidde Fall dës Regierung, ganz besonnesch d'CSV, déi Tauxe vun 2002 definitiv wëllen opzeginn.

Duerfir, aus deenen doten Ursaache stëmmt d'Demokratesch Partei dee Projet de loi hei net. Mir stelle fest, datt et weider esou bleift, datt systematesch och d'Mëttelschichten an dësem Land méi belaascht ginn. Mir vermëssen e familljepolitescht Gesamtkonzept, an deem sech Mesurë wéi de Kannerbonus an och d'Ofschafung vun der Kannermoderatioun géifen abetten.

Mir mierken net, wéi mer heimadder och de reelle Besoine vun de Familljen ëmmer gerecht ginn. Mir mierken, datt et weiderhin a Richtung vun enger Familljepolitik geet, déi sech méi op Geldleeschtung wéi op Sachleeschtung orientéiert. Mir hunn ee vun de strukturelle Problemer heimadder alles aneschters wéi geléist, mä éischter en nach verschäerft, nämlech den Export vun eise familljepolitesche Leeschtungen. An dat, wat hei als Negativsteier och erkläert gëtt, ass an eisen Ae keng Negativsteier - op jidde Fall net esou, wéi mir eis et virstellen.

D'DP ass fir eng komplett Upassung vun der Steiertabell. Mir si fir méi a qualitativ besser an och bezuelbar Betreiungsméiglechkeete fir d'Kanner. Mir si fir e Wunngeld, wat selektiv ausgerechent gëtt no der Familljesituatioun, no der Kannerzuel an nom Akommes vun der Famill, fir datt d'Wunnen hei am Land erëm méiglech gëtt. All dat fanne mer an dësem Projet de loi net erëm.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Den honorabelen Här Ben Fayot huet elo d'Wuert fir d'sozialistesch Fraktioun.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, de Projet 5801 geet ganz bestëmmt an d'Steier- an d'Sozialgeschicht vun onsem Land an, an der Haaptsaach duerch de Kannerbonus. Ech mengen, et soll een allgemeng net an d'Geschicht goen, wann een iwwer d'politesch Aktualitéit schwätzt, mä et soll een eigentlech no vir kucken, mä an dësem Fall ass et trotzdeem interessant, d'Geschicht vun enger laanger Entwécklung ze maachen, déi zu dëse Mesuren an dësem Projet 5801 gefouert huet.

De Kannerbonus ass déi lescht Etapp an enger laanger steier- a sozialpolitescher Ausenanersetzung. Dës Ausenanersetzung war an ass begrënnt doduerch, dass all Kand als Gläichwäert unerkannt soll ginn, ob seng Eltere vill, wéineg oder keng Steiere bezuelen.

Déi Ausenanersetzung ass scho Mëtt vun de 60er Joren ugaangen. Si ass deemools och vum deemolegen LAV argumentéiert ginn. Déi laang Zäit vun deemools bis haut weist, dass dës Ausenanersetzung, dëse Kannerbonus am Fong geholl als Erkenntnis net liicht duerchzesetze war. Si zitt sech, an dat steet jo och am Exposé des motifs, vun 1990 iwwer 2002 bis haut.

1984-1989 huet déi deemoleg d'CSV-LSAP-Regierung de Conseil économique et social - genee 1987 - mat enger Etüd beoptraagt iwwert d'Fiscalitéit. Dës Etüd war d'Preparatioun op déi wichteg Steierreform vun 1990, déi jo bekanntlech an der Haaptsaach och d'Steierklassen nei geregelt huet. An deemools krut all Kand méi oder wéineger déiselwecht Steiermoderatioun. Doduerch kruten allerdéngs nëmmen déi Kanner, deenen hir Eltere Steiere bezuelt hunn, esou eng steierlech Hëllef vum Stat. An duerfir huet de Comité économique et social 1989 proposéiert, d'Kannergeld ëm 80% eropzesetzen, amplaz d'Famillje mat Kanner iwwert de steierleche Wee ze entlaaschten.

A bei den Debatten iwwert d'Gesetz de 27. November 1990 - dat ass also bal zäitgläich mat onser Diskussioun haut - huet den LSAP-Spriecher Mars Di Bartolomeo d'Reform vun deemools zwar als positiv ugesinn, awer bedauert, dass se op hallwem Wee stoe bliwwen ass, well net ee Kand wéi dat anert behandelt géif. An duerfir huet d'LSAP deemools gefuerdert, d'Steierreform duerch Sozialmoossnamen ze begleeden.

Am Dezember 1992 ass am Kader vum Budgetsgesetz fir 1993 de Plafong vun der Kannermoderatioun ëm 12.000 Frang vun 69.200 op 57.200 erofgesat ginn. Parallell dozou ass mam Gesetzesprojet iwwert d'Allocation familiale, dem Gesetz vum 23. Dezember 1992, d'Kannergeld ëm 12.000 Frang an d'Luucht gesat ginn, vum véierte Kand souguer méi wéi dat Duebelt.

De Lucien Lux, fir deen och nach ze zitéieren, huet deemools gemengt, dass dem Stat all Kand d'selwecht soll wäert sinn, an huet festgestallt, dass, soulaang wéi mer eng Kombinatioun vu Steiermoderatioun an Allocatioun behalen, dee Prinzip net respektéiert ass. An de Jeannot Krecké huet an déiselwecht Richtung geschwat a proposéiert, d'Kannergeld ze verduebelen an et dann ze besteieren.

Haut schafe mer d'Steiermoderatioun fir d'Kanner of an ersetze se duerch de Kannerbonus, deen all Kand gläich behandelt. Kee verléiert eppes, an déi, déi bis elo näischt duerch d'Steiermoderatioun kruten, kréien eppes iwwert de Kannerbonus.

D'Ersetze vu steierleche Mesuren duerch fix Zouwendunge fir d'Kanner alleguer, egal wéi d'steierlech Situatioun vun den Elteren ass, mécht och eng zukunftsträchteg Pist op. Ech wëll elo hei net vun Negativsteier oder vu Crédit d'impôt schwätzen. Dat ass eigentlech e bëssen eng Wuertspillerei, mä op jidde Fall mécht déi Pist, déi mer hei betrieden, konkret Alternative vun Ausgläich fir kleng Revenuen op, déi bis elo net iwwert de steierleche Wee méiglech waren.

Dir wësst, dass d'Negativsteier laang diskutéiert gouf, well eben duerch d'Entwécklung vun de steierfräien Akommessen d'Steierpolitik als Ëmverdeelungsinstrument u Grëffegkeet verluer huet an och d'Abattementen nëmmen deenen eppes hëllefen, déi Steiere bezuelen.

Bekanntlech, et ass och scho gesot ginn, ass d'Negativsteier vum Conseil économique et social an engem annerhallef Säite laangen Avis vum 23. Juli 2004 ofgelehnt ginn. Et ass interessant, deen Avis kuerz ze beliichten, och wéinst der Persoun vum deemolege President vum Conseil économique et social, dee jo e grousse Steierexpert vun der Regierung ass.

De Conseil économique et social huet deemools gesot, dass d'Aféierung vun enger Negativsteier - an hien huet déi Negativsteier mat deem schéinen Term genannt «un concept complexe et protéiforme», wat ëmmer dat dann heescht -, misst begleet gi vun enger vollstänneger Reform vum Steierregime, vu gewëssen Aspekter vun der Sécurité sociale, vum Rôle vum soziale Mindestloun, vum RMG an anere Mechanismen an Hëllefen an Transferten, déi et ebe gëtt.

Derniewent huet dann och de CES gemengt, et misst een eng prezis Indikatioun iwwert d'Akommes an d'Verméigen hunn. Aus all deenen Ursaachen huet de CES deemools drop verzicht, e längeren Avis ze maachen, well en einfach gesot huet: Esou eng Negativsteier ass zu Lëtzebuerg net méiglech.

Hien huet allerdéngs och deemools derbäigefügt, dass eng gutt Artikulatioun tëschent direkter Steier, Sécurité sociale, RMG a Mindestloun misst bestoen. Zweetens huet hien drop higewisen, dass een eng Matrice des transferts sociaux misst opstellen. An drëttens huet hien och gemengt, et wär nëtzlech an d'Richtung vum Crédit d'impôt amplaz vun den Abattementen ze goen.

Här President, an der Aarbecht vun dësem Projet hunn ech ganz besonnesch den Avis vun der Privatbeamtechamber interessant fonnt, déi sech intensiv mat dem Kannerbonus an der Problematik ronderëm beschäftegt huet. Si huet och d'Pist vun dem Kannerbonus weiderverfollegt an domat un en Avis vum Conseil économique et social vun 2004 ugeknäppt.

Par analogie mam Kannerbonus kann een all déi Abattementen, Forfait pour frais d'obtention an Dépenses spéciales, déi d'Akommessteierlaascht besonnesch vun de Salariéen erofdrécken, och als Crédit d'impôt gesi fir déi, déi keng Steiere bezuelen. D'Chambre des Employés privés zitéiert zum Beispill den Abattement compensatoire pour salariés, den Abattement monoparental, den Abattement extraprofessionnel, d'Frais de déplacement an d'Abattementen, déi mat der Kannererzéiung zesummenhänken, déi als Bonus kéinten och an d'A gefaasst ginn.

An deem Zesummenhang wëll ech drun erënneren, dass de Finanzminister an der Finanzkommissioun haart doriwwer nogeduecht huet, fir den Abattement compensatoire fir Salariéen als Bonus fir déi, déi keng Akommessteier bezuelen, anzeféieren an de Bonus vun de Betriber direkt un d'Salariéen ausbezuelen ze loossen. Déi Iddië maachen also hire Wee. Mir gesinn, dass se heiansdo laang Zäit brauchen, fir bis zum Enn ze kommen, mä si maachen hire Wee, well d'Liewensbedéngunge vun de Famillje wéi vun den eenzelne Steierzueler sech relativ schnell änneren.

Esou soll och, an dat huet mech och interesséiert an der Viraarbecht zu dësem Projet, d'Fro vun de Fraisë fir d'Kanner steierlech méi sozial a familljefrëndlech ugaange ginn. Den Artikel 20 vum Gesetz gëtt der Regierung nämlech eng Base légale fir e Règlement grand-ducal, fir d'Charges extraordinaires méi souple, dat heescht méi large ze interpretéieren. Niewent den eigentleche Frais de garde, déi jo am Artikel 127 vum Akommessteiergesetz an am Règlement grand-ducal vum 31. Dezember 1998 ugeschwat ginn, sollen och aner Fraisë mat a Betruecht gezu kënne ginn.

Ech zitéieren duerfir de Commentaire des articles: «Ce règlement» - also dat Reglement vun 1998, op Basis vum Artikel 127 vum Steiergesetz - «semble de nos jours» - dat ass also den Exposé des motifs vun der Regierung - «fort restrictif et peu adapté à l'évolution de notre société. La mixité des frais de garde, d'entretien, d'éducation, de cantine, d'encadrement et ceux occasionnés par la garde d'enfants malades net permet souvent pas de faire une distinction nette entre d'un côté les frais d'entretien, d'éducation et de formation professionnelle non pris en compte dans le cadre de l'article 127. LIR et d'autre côté les frais connexes pour lesquels le contribuable peut demander un abattement de revenu imposable pour charges extraordinaires.»

Et kann een dat net besser ausdrécken. Dat ass d'Situatioun, an ech muss och soen, dass ech déi Argumentatioun voll a ganz deelen.

Mä natierlech si mer do am Steiersystem erëm dran, an och do stellt d'Fro sech vun der Gerechtegkeet vis-à-vis vun deene 40% Stéit, déi keng Steiere bezuelen an awer héich Fraisë fir d'Kanner hunn.

Ech wëll och iwwregens an deem Zesummenhang dem Här Meisch zoustëmmen, wéi hien d'éinescht gesot huet, dass natierlech Geldleeschtungen net alles sinn, mä dass och d'Ariichtungen, déi de Stat an d'Gemengen den Elteren zur Verfügung stellen, mussen ausgebaut ginn. Mir waren ëmmer där Meenung als Sozialisten. Ech begréissen, dass d'DP déi Notioun vu méi schlankem Stat opginn huet an och op de Wee geet fir déi öffentlech Ariichtungen, déi mer eben an onser Gesellschaft brauchen,…

(Interruption)

Neen, ech wollt just soen, dass ech dat begréissen, Här Meisch, dass Dir op déi Haltung komm sidd. Et ass eppes, wat mir als Sozialisten ëmmer begréisst hunn. Mir sinn duerfir oft als Ech-weess-net-Wat verschrieë ginn, mä mir mengen, dass et an onser Zäit äusserst wichteg ass, dass mer staark Ariichtungen hunn, och am soziale Beräich, am schoulesche Beräich an am extraschoulesche Beräich, fir eben déi Chancëgläichheet an déi Gerechtegkeet an onser Gesellschaft hierzestellen, déi mer brauchen. Selbstverständlech ginn d'Geldleeschtungen do net duer.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Här President, déi aner Mesuren, déi d'Akommessteier vun de physesche Persoune betreffen, sinn déi linear Upassung vu 6% vum Barème, d'Kollektivbesteierung fir gepacste Koppelen, d'Gläichstellung vu Steierzueler, déi zu Lëtzebuerg wunnen, a Steierzueler, déi net hei wunnen, opgrond vun engem europäeschen Uerteel, an d'Steierbefreiung vun den Iwwerstonnen am Privatsecteur fir all Salariéen.

Eng Partie Mesurë betreffen och d'Betriber. An deem Zesummenhang hunn zwou Dispositioune fir grouss Opreegung gesuergt. Et handelt sech drëm, d'Fraisë vu Betribsautoe mat méi wéi 190 Gramm Ausstouss vun CO_2 net méi ofsetzen ze loossen. Doduerch sollen och d'Steierzueler natierlech incitéiert ginn, fir emissiounsaarm Autoen ze kafen oder ze leasen. Dëst ass net onwesentlech. Et sollen ëm déi 25.000 - den Här Thiel huet elo éinescht vun 30.000 geschwat - geleasten Autoen zu Lëtzebuerg fueren.

Wa mer engersäits eng deier Politik fir de Klimaschutz an den Ofbau vun CO_2-Emissioune maachen, kënne mer net op där anerer Säit d'Betribsautoe steierlech begënschtegen, besonnesch déi mat héijen CO_2-Emissiounen.

Da soll jo och nach d'Steierverwaltung iwwer eng Circulaire den Avantage vun engem Salarié, deen och e Betribsauto privat gebrauche kann, vun 1,5 op 2% vum Neiwäert vum Auto eropsetzen.

D'Finanzkommissioun, zesumme mat den Häre Juncker a Frieden, huet dës Bestëmmung de 15. November 2007 aus dem Gesetz geholl. Den Här Juncker huet dobäi erkläert, dass de Finanzminister der betreffender steierlecher Mesure seng voll Ënnerstëtzung gëtt. Datselwecht hunn déi Fraktioune gemaach, déi an der Sitzung derbäi waren. Dobäi sinn eng Partie Considératioune gemaach ginn, déi zum Beispill méi eng grouss Differenzéierung vun de Grenzwäerter vum CO_2 an och eng Planungsméiglechkeet fir d'Betriber sollen erlaben. Och d'LSAP huet sech bei där Diskussioun fir eng ekologesch Ausriichtung vu gewëssene Steiermesuren ausgeschwat.

Dobäi huet jo och dann de Finanzminister festgestallt, dass all Fraktiounen d'Richtung vun de Mesurë vun der Regierung approuvéieren a sech bereet erklären, der Regierung ze proposéieren, déi zwou Mesuren am Laf vum Joer 2008 bis den 1. Januar 2009 duerch en neie Projet ze ersetzen.

Déi Motioun, déi de Rapporteur erabruecht huet, ënnerstëtze mer selbstverständlech. Si gëtt dat erëm, wat an der Finanzkommissioun zréckbehale ginn ass.

Dat sinn also Ausriichtungen, déi mer onbedéngt am Laf vum Joer 2008 diskutéiere mussen. Mir begréisse selbstverständlech och deen neien Artikel 50ter duerch deen d'Fuerschung an de Betriber zu Lëtzebuerg encouragéiert gi soll an ënnert dee jo och Revenuen aus Breveten, Logicielen, Marken, Modeller betraff ginn an déi doduerch deelweis steierfräi ginn. Dat ass natierlech eng interessant Mesure, och am Intérêt vun der Finanzplaz.

Här President, fir ofzeschléissen, d'LSAP begréisst dëse Steierpak, e verbessert dat steierlecht Ëmfeld fir d'Betriber. Ech wëll hei soen, dass jo e Groupe d'analyse fiscale am Finanzministère fonctionnéiert, deen op dat internationaalt Ëmfeld reagéiert an och analyséiert wat an de Länner ronderëm geschitt, wéinst der Steierkonkurrenz. Dee Groupe d'analyse fiscale soll jo onst Land gutt placéieren.

Ech wëll soen, dass déi Reflexioune mat der Zäit jo net méi einfach ginn. Do kënnen och Konflikter entstoen. Wann d'Steier als Leedungsinstrument fir d'Léisung vun de Problemer net nëmme vu wirtschaftlechen, mä och vu sozialen an ekologesche Froe gebraucht gëtt. Dat hu mer bei dësem Projet gesinn, wou mer direkt an de Konflikt koumen zwëschent deem wat op der Finanzplaz als Instrument agesat gëtt an dat wat mir als ekologesch Politik zu Lëtzebuerg maache wëllen.

Et kann ee sech drun erënnere wéi mer gesinn hunn, dass d'Bierger, wa se méi Autossteier bezuelen, d'Logik dovunner net erkennen. Den Auto ass nun eemol eng helleg Kou zu Lëtzebuerg - net nëmmen zu Lëtzebuerg - an d'Reaktioun op déi Autossteier, déi jo op d'CO_2-Emissioune vun engem Auto baséiert, huet gewisen, wéi wéineg dass d'Leit dobaussen d'Pertinenz vun deene Mesuren erkennen.

Ech mengen awer, an ech wëll dat rappeléieren, dass dat ëmmer d'selwecht war. Wéi mer de Katalysator agefouert hu war et datselwecht, déiselwecht Opreegung, beim bläifräie Bensin war et d'selwecht a bei anere Mesuren an deem Zesummenhang och.

Ech menge mir mussen als Politiker och de Courage hunn ze soen, dass een net engersäits Klima- an Ëmweltschutz verlaange kann an anerersäits menge kann, dat wier fir déi aner, a ganz besonnesch wär et fir de Stat an et kéint ee selwer weidermaache wéi säit Jorzéngten. Déi Hypokrisie kënne mer eis net méi leeschten.

An dofir däerfen d'Regierung an d'Politik insgesamt net luussen. Si kommen net derlaanscht d'Kohärenz vun hirer Politik hierzestellen a massiv ze verdeedegen, fir d'Akzeptanz dobaussen esou grouss wéi méiglech ze maachen. Well, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wa mer dat net fäerdeg bréngen, da brauche mer weder op Bali nach op Kopenhagen ze fueren.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech soen dem Här Fayot Merci. Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech wollt fir d'éischt ufänken dem Rapporteur, deen elo hei uewe sëtzt, Merci ze soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport. Ech wëll dofir nëmmen op déi Punkten agoen, wou mer e bësse Schwieregkeeten hunn, respektiv wou mer e puer Commentairen als noutwendeg emfannen.

An deem Projet de loi hei si jo zéng Punkten enthalen. Zu véier dovunner wëll ech Stellung huelen an dann herno zum Schluss zu engem, deen net an dësem Projet dran ass, mä dee mer jo ëm ee Joer verschoben hunn.

Ech wëll vläicht ufänke mat der Fro vum Kannerbonus an ech wëll vläicht do e bësse méi wäit aushuelen, well et kann een net iwwert d'Kannergeld an d'Kannerënnerstëtzung schwätzen, sief et iwwert de Steiersystem nach iwwert d'Transferts sociaux, wann een net generell eng Positioun emol bezitt derzou, wat dann d'Virstellung ass vun der betreffender Fraktioun zu der Familljepolitik an dem Ëmgang mat Kanner fir d'Zukunft.

Ech menge meng Fraktioun huet zënter laangem eng Haltung, déi dora besteet, datt mer soe mir mussen eigentlech esou gutt de Steiersystem wéi awer och d'Sozialtransferten insgesamt an deem Sënn hannerfroen, well d'Gesellschaft vun haut sech verännert huet, well mer an engem anere Film si wéi zu deem Zäitpunkt, wou de Gros vun de Mesuren, déi mer haut, sief et am Steiersystem oder an de Sozialtransferten hunn, wou déi agefouert gi sinn.

Zu där Zäit hate mer eng Situatioun, déi dora bestanen huet, datt an den Haushälter gréisstendeels eng Persoun beruffstäteg war, dat war - an ech géif emol soen an 99,9% - de Mann an d'Fra d'Kanner doheem versuergt huet. Dat heescht mir waren an engem Zeenario, dee grondsätzlech anescht war par rapport zu haut an deen nach ëmmer méi grondsätzlech sech wäert veränneren an deenen nächste Jorzéngten.

Mir sinn haut op enger Beschäftegungsquot vu Männer a Fraen, also och vun de Fraen deementspriechend, déi an de Paragen zu Lëtzebuerg nach ëmmer net terribel gutt läit am Verhältnis zu aneren europäesche Länner, mä awer ëmmerhin elo bei ëm déi 40% läit, Tendenz weider steigend; an et ass jo och den erkläerte Wëlle vun der Regierung dat ze förderen.

Deementspriechend ass et natierlech kloer muss een d'Familljepolitik an haaptsächlech den Ëmgang mat de Kanner, d'Versuerge vun de Kanner och aneschters gesinn, well déi Instrumenter, déi mer eis an der Zäit ginn hunn, wéi gesot, ënner anere Prémissë geholl gi sinn, net ëmmer méi gräife par rapport zu deem, wat mer haut brauchen an där verännerter Gesellschaft.

Dofir si mir scho laang der Iwwerzeegung, datt an deenen nächste Joren a Jorzéngten net méi soll ustoen an engem breede Mooss Geld ënnert d'Leit ze bréngen, ze verdeele fir d'Kannerversuergen, mä natierlech éischter ze kucken haaptsächlech deene Familljen ze hëllefen, déi doriwwer eraus souwisou Schwieregkeeten hunn iwwert d'Ronnen ze kommen, well hir Salairen ze niddereg sinn, dat heescht eng sozial cibléiert Familljepolitik a Form vu Geldleeschtungen ze maachen. An derniewent awer fir de Rescht éischter en Transfert ze maachen ewech vun de Geldleeschtungen hin an Investissementer an Infrastrukture fir d'Kannerversuergen zum Beispill oder awer och nach aner Saachen.

An deem Sënn muss ech soen, datt mer eigentlech et e bësse schued fannen, datt mer elo dat net erreeche vun deem wat am Fong an der Tripartite festgehale ginn ass, nämlech vun der Aféierung vun enger Negativsteier, well dat hei ass jo keng Negativsteier, wat mer hei maachen, datt mer dat elo kompenséieren duerch eng eenzel familljepolitesch Mesure an dann awer net déi generell Diskussioun gefouert hunn iwwert d'Sozialtransfertë generell respektiv wou mer eigentlech wëllen histeieren an deem dote Beräich.

Ech wëll awer soen, mir hunn ons relativ schwéier gedoe fir heimadder d'accord ze sinn. Ech wëll soen, datt mer et awer wäerte stëmmen, och déi heite Mesure, aus deem ganz einfache Grond, well mer effektiv der Iwwerzeegung sinn, datt hei virun allem natierlech jo emol eng Kéier sozial défavoriséiert Leit profitéieren an et einfach justifiéiert ass an där heiteger Situatioun grad deenen emol eppes ze ginn, vu datt jo all déi aner näischt bäikréien duerch déi Aktiounen, déi mer gemaach hunn an op déi ech nach ze schwätze kommen.

Mä ech mengen awer nach grondsätzlech, datt een déi Diskussioun hei och am Virfeld hätt misse féieren. Dat hei ass awer e bëssen, muss een éierlech soen, iwwert de Knéi gebrach ginn. Et ass eben en Ersatz gesicht ginn, well een dat Verspriechen an der Tripartite gemaach hat, fir eppes an deem Beräich do ze maachen, esou datt mer dat hei elo aféieren, ouns datt mer déi generell Diskussioun gefouert hunn, wou mir mengen, datt ee se misst féieren.

Et kann een och kucken, wann een am Statsbudget 2008 kuckt, mir setzen zwar effektiv 2008 zu engem gudden Deel d'Ausgabe fir d'Institutioune fir d'Kanner ze versuergen erop, mä ech mengen awer, datt dat awer nach a kengem Verhältnis ass zu anere Saachen an ech mengen, datt mer déi Diskussioun op alle Fall sollte féieren, spéitstens fir de Budget 2009.

Dat ass iwwregens och e gudden Zäitraum, well da si mer jo net méi wäit ewech oder, loosse mer soen, wa mer dat am Kader vum État de la nation géifen diskutéieren, da si mer genau ee Joer virun den neie Chamberswahlen. Da sinn d'Parteien nach amgaang hir Programmer opzestellen, da géif dat och dozou féieren, datt mer ee Joer virun de Wahlen hei am Parlament eng Diskussioun féieren, wou all Partei eigentlech misst op den Dësch leeën, wat si da wierklech prezis zu deem dote Volet wëllt maachen. Dofir vun eis een Appel, datt mer da beim État de la nation déi do Diskussioun op alle Fall féiere sollten.

Et muss een awer och soen, datt d'CSV hei en zolitte Revirement gemaach huet, well ech wëll awer drun erënneren, an den 90er Joren ass déi Politik jo am Fong ageleet ginn ënnert der deemoleger schwaarzrouder Regierung. Déi Zäit ass zwar dann d'Kannergeld pauschal eropgesat ginn, a gläichzäiteg den Abattement an de Steiersystem erofgesat ginn. Hei maache mer dat jo elo awer ënner enger méi intelligenter Form - dat muss ee soen -, well et méi selektiv ass wéi dat, wat d'CSV ëmmer gesot huet zu engem gewëssene Moment; also '99. Mat der CSV ass elo Schluss. An déi dote Richtung gi mir net weider. Mir wëlle weider, datt am Steiersystem och an Zukunft d'Kanner berücksichtegt ginn.

Dat heescht, et ass scho kloer hei e Revirement festzestelle bei enger vun deenen zwou Regierungsparteien. Herno kann de Statsminister oder de Finanzminister eis vläicht soe wou deen hierkënnt, wéi dee begrënnt ass. Da wäerte mer dat herno hei héieren. Mä et ass e Revirement - an en zolitten - an den Iwwerleeungen. Ech fannen, datt wann een et eng Kéier mécht, dat ass sécherlech kee Problem, mä da soll een déi och politesch motivéieren, an erklären, datt een do seng Meenung geännert huet.

Et muss een och soen - mä ech mengen dorobber wëll ech net méi am Detail agoen, dat huet de Statsrot jo genuch beschriwwen -, datt d'Operatioun, déi gewielt ginn ass, fir dat heiten ze maachen, och net déi allergläcklechst war. Dat huet wahrscheinlech och dermat ze dinn, datt alles huet missen e bësse schnell goen zum Schluss, firwat dat esou gemaach ginn ass. Och de Fait, datt mer 2008 net kënne bei eng monatlech Auszahlung vum Kannergeld goen, ass net déi allergläcklechst Aart a Weis, well dat effektiv jo awer elo am Januar dann derzou féiert, datt verschidde Familljen ënnert dem Stréch wäerten e bësse manner hunn. Dat se zwar dono natierlech erëmkréien. Si kréien insgesamt net manner. Dat ass richteg.

Et wär besser gewiescht, wa mir dat do och ebe méi propper gemaach hätten. Mä dat huet dermat ze dinn, datt dat heiten eng Mesure ass, déi aus der Tiitchen erausgeholl ginn ass, well een ënner Zuchzwang stoung par rapport zu eppes, wat een an der Tripartite versprach huet, wat een awer net konnt halen. Duerfir huet ee missen eppes aneschters maachen.

Den zweete Punkt, op deen ech wëll agoen, Här President, dat ass den Abaissement vu 6% vum Tarif. Do kann een emol éischtens laang driwwer philosophéieren, ob dann déi Rechnung esou an allen Detailer stëmmt, déi hei vum Finanzminister gemaach ginn ass; wéi hien dat virgestallt huet, datt mer beim Inflatiounsgleis eigentlech, wann een d'Steierreform vun 2001 berücksichtegt, schonn an enger Avance wären an net an engem Retard.

Ech mengen effektiv, wat richteg ass un där Ausso, dat muss een op alle Fall vun eiser Säit aus soen, dat ass, datt 2001 zolidd d'Steieren erofgesat gi si fir d'Privatpersounen. Mir hunn als Gréng deemools gesot, datt se zu deem Zäitpunkt fir eis Begréffer ze vill op ee Coup erofgesat gi sinn. Mir hunn och deemools gesot, datt mer Suergen hätten - ech schwätzen elo vun 2000, wéi dat diskutéiert ginn ass -, datt dat kéint kuerzfristeg, jee nodeem wéi d'Konjunktur sech géif entwéckelen, d'Finanzcapacitéit vum Stat a Fro stellen. Mir hu jo net ganz Onrecht kritt an deene Joren duerno. Ech wëll awer déi Diskussioun elo net nach eng Kéier ufänken.

Ech wëll am Fong just soen, datt mir eigentlech éischter d'accord sinn, datt een hei soll och virsiichteg mam Tarif ëmgoen. D'autant plus, wou mer jo an där Erhuelungsphas, an där gudder Konjunkturlag de Moment dra sinn - déi exzellent ass, muss ee souguer soen -, datt jo keng Garantie besteet, datt dat esou wäert weidergoen. Ausser et kënnt een heirop a seet mer: Dach, mir als Lëtzebuerger Land wäerten déi nächst 20 Joer problemlos e Wirtschaftswuesstum hunn, deen ëmmer iwwer 4% war, souguer iwwer 5% läit.

Mir sinn net der Meenung, datt dat en Automatismus ass. Mir hunn 2001 bis 2004 brutal ze spiere kritt, wéi séier datt et ka goen, datt een dorënner rutscht, an zu wat fir enge Konsequenzen, datt dat féiert. Duerfir bleiwe mir bei eiser Meenung, datt een éischter soll virsiichteg sinn. Mir sinn averstane mat deem Abaissement vu 6%. Mir mengen awer, datt een dee méi grousse Spillraum, deen de Stat am Moment huet, net sollen huelen, fir global ze verdeelen, mä datt een dee soll huelen, éischtens fir an d'Zukunft ze investéiere fir déi enorm héich Investitiounsprogrammer, déi de Stat huet, déi mer brauchen, fir datt eis Ekonomie net zolidd Nodeeler kritt an deenen nächsten 20, 25 Joer.

Well wa mer wëllen déi 4% vu Wuesstum do wéinstens ustriewen, da musse mer déi grouss Investissementspäck, déi mer do um Dësch leien hunn, an déi wahrscheinlech esou wéi et de Moment ausgesäit net duerginn, wou nach Projete wäerten derbäikommen - ech denken nëmmen un d'Mobilitéit, un den öffentlechen Transport -, dann ass et kloer, datt mer déi Sue mussen duerfir huelen.

Dat ass jo dann och am Intérêt herno erëm vum insgesamte Revenu am Land. Dovu wäerten dann d'Leit insgesamt am Land profitéieren, well d'Haaptzilsetzung vun enger Regierung muss eiser Meenung no net sinn, fir ze kucken, datt jiddferee keen 1% méi Steiere bezilt, mä datt säi Basisrevenu, deen hie verdéngt op senger Aarbechtsplaz, héich genuch ass, datt hien net dauernd vum Stat ofhängeg ass. Ech géif et emol e bësse salopp ausdrécken: datt hie souguer frou ass wann hie muss Steiere bezuelen, well säi Revenu uerdentlech ass. Dat muss d'Zil si vun enger Regierung.

Fir datt dat Zil kann erreecht ginn, muss een alles maachen, datt een d'Suen esou asetzt, datt d'Ekonomie och fonctionnéiert. An där Hisiicht si mir éischter do ganz virsiichteg a mengen, datt op alle Fall vum Tarif, wat jo einfach eng generell Verdeelung ass, wou guer net sozial selektiv gekuckt gëtt, wou mat der Strenz einfach kräiz a quer verdeelt gëtt, datt do deen doten Abaissement zwar richteg ass, an awer een net méi wäit soll goen.

Mir hätten allerdéngs léiwer gehat - an dat hunn ech scho gesot bei menger Budgetsried - wann een déi heite gutt Situatioun genotzt hätt, fir op en anere Wee ze goen, nämlech dee vun der ekologescher Steierreform. Dat ass awer e Projet, deen hätt ee missen am Ufank vun der Legislaturperiod ugoen. Et hätt ee sech missen do e Gesamtzil setzen, wat ee wëllt erreechen.

Dann hätt ee missen de ganze Steierverwaltungsapparat dorobber setzen an op d'Zesummenaarbecht mat engem auslännesche Büro, well mir hunn zu Lëtzebuerg net genuch Erfahrung, fir dat am Gesamten unzegoen. Et gëtt awer entretemps weltwäit genuch renomméiert Wirtschaftsinstituter, och ganz klassescher, déi ee kann do erunzéien. Dann hätt ee kënnen iwwert dee Wee eng Gesamtekologiséierung vum Steiersystem schafen, déi eis dann och wahrscheinlech e gewëssene Spillraum gebueden hätt, fir kuerz- oder mëttelfristeg sozial selektiv nach méi ze intervenéieren.

Ech denke virun allem do och un ee Punkt, dee mat Sécherheet an deenen nächste Jore fir vill Gespréich wäert suergen, deen awer och e wichtege Punkt ass an der Entwécklung vun eiser Ekonomie, nämlech d'Stabiliséierung vun de Lounniewekäschten. Mir kréie jo am Januar eng Interpellatiounsdiskussioun hei op Basis vu mengem Kolleeg Félix Braz, deen d'Regierung interpelléiert huet, fir iwwert d'Zukunft vun de Rentesystemer ze diskutéieren. Mir hu jo och wéi et schéngt elo en Aarbechtsgrupp agesat, wou d'Sozialpartner mat der Regierung sollen diskutéieren. Ënner anerem wäert dat do een zolidd Thema sinn. Mir mengen duerfir, datt een dann och hätt kënnen do gewësse sozial Ausgläicher schafen, déi virun allem Leit, déi manner gutt dru sinn, zegutt komm wären.

Dat hätt eis och évitéiert, datt ee bei engem guttgemengten Usaz, nämlech dee vun der Reform zum Beispill vun der Autossteier, deen hätt kënne wahrscheinlech anescht gestalten. Dann hätt et eis och manner Schwieregkeete gemaach dobausse mat der Akzeptanz, éischtens. Et hätt manner holpreg kënnen ëmgesat ginn, well et muss ee jo awer effektiv zouginn, datt et fir d'Leit zum Deel, obschonn et wierklech jo eng Mesure ass, déi vun der Grondausriichtung aus justifiéiert ass, schwéier novollzéibar ass duerch déi Pannen, déi geschitt sinn, wou ee sécherlech deem zoustännege Minister dee Reproche ka maachen an deem heite Fall. Mä et hätt eis do méi eng gréisser Akzeptanz geschafen, well mer dat och hätte kënne besser vermëttelen an erklären, a well een hätt kënnen da wahrscheinlech nach anescht ajustéieren a sozial Ausgläicher schafen, déi een hätt kënnen erunzéien, fir dat doten ofzefiederen.

Den drëtte Punkt, Här President. Dat ass ee ganze Pak vu Mesuren, deen dragesat ass, dee mer wierklech absolut begréissen, well dat nu wierklech an eng Richtung geet, déi mir als Gréng scho laang verlaangen. Dat sinn déi ganz Mesures fiscales, déi virgesi sinn, déi den Investissement solle favoriséieren. Et ass genau dat, wat ech a menger Ried hei 2000 gesot hunn, wéi et ëm d'Steierreform 2001/2002 gaangen ass, virun allem elo hei bei de Betriber 2002, datt et méi Sënn mécht och bei de Betriber einfach ze soen: Mir setzen elo d'Kierperschaftssteier erof, fir ganz cibléiert Mesuren ze ergräifen, fir den Investissement ze favoriséieren.

Déi Mesuren, déi heira virgesi sinn, sinn nun eemol där, déi mir richteg fannen, a wou sech och kënnen nei Secteuren entwéckelen, wou nei Plus-valuen entstinn. Do hu mer herno och méi Steierrecetten, fir datt dem Stat nei Aarbechtsplaze kënnen entstoen. Duerfir kënne mer dee Pak sécherlech begréissen.

Véierte Punkt, Här President. Dat ass dat neit Element vun der Imposition collective sur demande fir Leit, déi gepacst sinn. Mir hu kee Problem, datt dat hei elo am Sënn vu Gläichbehandlung agefouert gëtt. Mir mengen allerdéngs, datt et an déi falsch Richtung geet, well mir sinn éischter Demandeur, datt ee soll den ëmgedréinte Wee goen, datt ee soll generell iwwerswitchen op en individualiséierte Steiersystem. Dat heescht, wou een dann net seet: Mir ginn deene Leit, déi elo gepacst sinn, déi nämlecht Méiglechkeeten, fir sech kollektiv besteieren ze loosse wéi deenen,

déi haut normal bestuet sinn, mä datt een de Contraire mécht. Mir hätten deenen, déi haut bestuet sinn, d'Méiglechkeet ginn, fir sech och an Zukunft individuell besteieren ze loossen, wéi wa se net bestuet wären.

Ech mengen dat ass éischter de Wee, dee mir wëlle goen. Dat aus e puer Grënn. Mir mengen éischtens, wa mer an Zukunft e Steiersystem wëlle kréien, dee méi transparent, méi einfach an och méi verständlech ass, wou een och da vläicht mat Abattementer aneschters kann ëmgoen an deem Steiersystem. Dann ass et wichteg, datt mer eriwwerginn zu engem individualiséiert opgebaute Steiersystem; an dat ass e Punkt, wou mer e bëssen zähneknirschend derfir stëmmen, mä eigentlech net averstane si mat der Philosophie, déi d'Regierung hei un den Dag leet.

Et kënnt derbäi, datt mer der Iwwerzeegung sinn, datt et hei e Parallelismus gëtt an eisem soziale Sécherungssystem, wou ee muss iwwer ähnlech Saachen diskutéieren, firwat mer fannen, datt dat heiten eigentlech ënnert dem Strëch zwar awer e batteren Nogeschmaach huet an éischter de falsche Wee ass, deen hei gewielt gëtt. Mä wéi gesot, mir kënnen et awer iergendwou novollzéien. Duerfir, aus Sënn fir d'Gläichberechtegung, stëmme mer dat dann zähneknirschend mat.

Da kommen ech zu dem leschte Punkt, Här President, deen ech wollt uschwätzen. Dat ass deen Aspekt, deen erausgeholl ginn ass an dee jo esou héich Welle geschloen huet, nämlech fir e Parallelismus ze maachen, och bei dem Leasing vun Autoen, zu Ëmweltfroen an zu der CO_2-Steier.

Mir sinn och der Meenung, an dat hu mer jo och an der Finanzkommissioun gesot, datt et besser ass, et gëtt ee sech hei e Joer Zäit an et kuckt een eppes ze maachen, wat vläicht nach méi - wéi soll ech soen? - méi duerchduecht ass, a virun allem och, wou een dann iwwert dee Wee, iwwer Gespréicher mam Secteur vläicht dem Secteur méi Méiglechkeete gëtt, fir sech och dorobber anzestellen.

Ech muss och soen, dat war och de Grond, firwat ech awer frou war, datt ech an der Finanzkommissioun vun alle Fraktiounen héieren hunn, datt de Prinzip als solchen akzeptéiert war. Et war keng Fraktioun, déi an der Finanzkommissioun do war, déi de Prinzip als solchen a Fro gestallt huet.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

An dat war och de Grond, firwat ech proposéiert hunn, datt een dann zumindest haut sollt an enger Motioun de Wëllen ausdrécken, datt mer dat och duerno wëlle maachen. An déi Motioun ass jo vum Rapporteur virdrun déposéiert ginn. Mir hunn déi als Fraktioun och mat ënnerschriwwen. Et ass genau dat, wat mer eigentlech gär gehat hätten.

Ech wëll just an deem Zesummenhang och dem Här Thiel, deen hei e puer Aussoe virdru gemaach huet, e puer Saachen awer nach méi verdäitlechen.

Éischtens ass et richteg, wann hien hei seet, et geet net dorëms an enger Gesellschaft wéi eiser ze mengen - a kee wëllt dat, och déi Gréng wëllen dat net -, datt een den Auto soll ofschafen. Deen, deen dat behaapt, ech mengen éischtens emol, géif deen do dreemen, an zweetens ass dat och net de Sënn vun der Operatioun.

Mä ëm wat et awer geet, dat ass éischtens natierlech, wéi dat och gesot ginn ass, wéint der Ëmwelt, datt also Autoen doruechter fueren, déi net ëmweltschiedlech sinn an, wat d'Emissiounen ubelaangt, am beschte bei null sinn. Déi och ewechkommen eng Kéier an hirer Undreiwungskraaft vun de fossile Brennstoffer, well soss féiert et och an d'Katastroph.

Mä et geet awer och dorëms, Här Thiel, an dat ass awer och e wichtege Facteur, datt mer den Auto als Mobilitéitsinstrument sënnvoll asetzen. Dat heescht, do asetzen, wou en e Sënn mécht.

An ech muss lech awer soen, dat Beispill, wat Dir zitéiert hutt, wat d'Stied ubelaangt, do stellt awer net nëmmen eng Ëmweltfro sech, mä do stellt och eng Fro sech vun enger liewenswäerter Stad a vum Raum, deen een iwwerhaapt an enger Stad huet. Den urbane Raum ass eiser Meenung no op alle Fall un éischter Stell geduecht fir d'Leit, déi sech am urbane Raum ophalen, dat heescht do ze dinn hunn, do zu Fouss ginn, a wann den Auto genotzt gëtt, fir an den urbane Raum eranzekommen, dann ass den Auto am urbane Raum awer wierklech beschtefalls gedult. En dierf net mengen, datt hien do Prioritéit am urbane Raum soll hunn. A scho guer net an der Zukunft bei deem Motorisatiounsgrad, dee mer zu Lëtzebuerg hunn.

Dat heescht, wa mer d'Stied erëm wëlle liewenswäert maachen, da musse mer awer kucken, datt den Auto wéi gesot sënnvoll agesat gëtt, a sënnvoll asetzen ass sécherlech net, wann ech den Auto huele moies, fir vun A op B ze fueren, dat heescht vun iergendwouhier an iergendwouhin a beispillsweis hei an d'Stad ze kommen, den Auto hei aacht Stonne stoe loossen op enger Parkplaz, déi och nach blockéieren da fir de Commerce, an dann erëm owes domadder heemfueren. Dat si jo awer genau déi spezifesch Trajeten, wou een den öffentlechen Transport oder aner Forme vun der Mobilitéit soll asetzen, well mir hunn och e Problem vu Congestioun am urbane Raum.

An dat ass jo kee Lëtzebuerger Phenomeen. Mir musse jo nëmme kucken, wat weltwäit gemaach gëtt. Kuckt, wat d'Stad Paräis de Moment fir Mesurë mécht; kuckt, wat London gemaach huet. Kuckt, wat Stockholm gemaach huet oder ganz aner Stied. Et kann ee bal queesch duerch Europa kucken, an et ass och entre-temps quasi egal, wat fir politesch Faarwen an deene Stied do d'Soen hunn. Mä iwwerall kämpfe se mam selwechte Problem och vu Congestioun vum urbane Raum, an et ginn ëmmer méi Mesurë getraff, fir d'Leit an engem gewësse Mooss och do erëm ëmzeerzéien an ze soen, den Auto gehéiert an eis Gesellschaft, mä e soll sënnvoll agesat ginn. An am urbane Raum gëtt et aner Méiglechkeeten.

An ech mengen, an där Diskussioun soll een déi dote Saachen awer och net vergiessen, wann een doriwwer diskutéiert, an ech mengen, dat ass e Prozess, wou mer wierklech alleguer, wa mer dee sachlech diskutéieren an uginn, nëmmen dobäi ze wannen hunn, well ansonste geschitt dat, wat mäi Kolleeg Felix Braz gesot huet, wa mer hei polemesch oder populistesch un dee Sujet eruginn, da soen ech lech, da beléie mer d'Leit éischtens dobaussen.

Natierlech ass Opreegung, wa mer an enger Bevölkerung, wou mer 40 Joer erkläert kritt hunn, datt dat den Nonplusultra wär fir sech fortzebewegen, op eemol de Leit musse soen, et gëtt do awer gewësse Problemer a Contrainten, mir musse vläicht ëmdenken. Natierlech gëtt dat Diskussiounen. Dat gëtt Emotiounen, mä ech mengen, u responsabele Politiker ass et awer net, fir Emotiounen ze schüren, mä fir ze kucken och am Intérêt vun deenen nächste Generatiounen ze denken, an da muss een och deen Thema esou traitéieren.

Ech soen lech Merci, a mir wäerten dee Projet duerfir stëmmen, Här President.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bausch. Als leschte Riedner ass agedroen den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e Wuert vu Merci un de Kolleeg Laurent Mosar als Rapporteur vun dësem Projet, deen net esou einfach war an an enger relativ dach kuerzer Zäit iwwert d'Bühn ze kréien.

D'ADR wäert dësem Projet seng Zoustëmmung bréngen, well eng Rei vu Moossnamen an dësem Projet dra sinn, déi eiser Meenung no an eng richteg, an eng gutt Richtung ginn. Och wa mer vläicht déi eng oder aner Moossnam léiwer aneschters ëmgesat gesinn hätten, esou stëmmt dach d'Richtung, och wann dat hei keng generell Steierreform ass, mä éischter eng, wou punktuell Änneruge virgeholl ginn.

Ech wëll eng Rei vu Punkten hei virbréngen, Här President, deenen - mengen ech - och meng Virriedner eng gewësse Prioritéit ginn hunn. Un éischter Stell d'Upassung vum Steierbarème un d'Inflatioun. Mir wëssen alleguer, datt zënter 2002 d'Steiertabell net méi un d'Inflatioun ugepasst ginn ass, a mir hunn déi Diskussioun och hei virun enger gudder Woch am Kader vun de Budgetsdebatte gefouert, wou mer am Fong och du konnte feststellen, datt de Stat duerch d'Netupassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun an deene cumuléierte Jore ronn zwou Milliarde weider u Steierrecettë krut.

Et ass eis gesot ginn, och schonn d'lescht Joer vun der Steierverwaltung, datt ee kann dovun ausgoen, datt d'Netupassen un d'Inflatioun pro Joer ongeféier 100 Milliounen ausmécht. A wann een dat dann iwwert déi Jore cumuléiert, da kënnt een dorop, datt een am Ablack bei 500 bis 600 Milliounen Euro pro Joer läit, wat déi cumuléiert Netupassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun fir de Stat ausmécht, an domadder ergëtt sech dann e globale Retard vu 16% an deene leschte Joren.

Et muss een awer och feststellen, datt an deem gläichen Zäitraum d'Akommes fir de Stat, wat d'Steieren ubelaangt, bei deene physesche Persounen ëm 39% geklommen ass, a fir d'Betriber bei der Kollektivitéitssteier nëmmen ëm 13% an deemselwechten Zäitraum geklommen ass.

Wann een d'Relatioune kuckt vun der Charge fiscale tëschent de Ménagen an de Firmen, da stellt ee fest, datt am Joer 2002 ee gewëssent Gläichgewiicht bestanen huet zwëschent de Ménagen an de Firmen: Quasi 51% vun de Steiere sinn erakomm iwwert d'Ménagen, 49% vun de Firmen. 2006 ass do schonn e relativ groussen Déséquiliber komm zu Ongonschte vun de Ménagen, déi haut 61% vun de Steierrecetten ausmaachen, an d'Betriber nëmme méi 39%.

Och muss een, Här President, wëssen, datt mer no 1996 eng aner Philosophie ageschloen hunn, wat d'Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun ubelaangt. Virdrun huet et ëmmer geheescht, wann no där leschter Steierupassung eng Inflatioun vun 3,5% war, da gëtt d'Steiertabell d'office un d'Inflatioun ugebonnen, an no 1996 ass am Fong dee System sou gewandelt ginn, dass pro Joer gekuckt ginn ass. Also muss een am Fong eng Inflatioun vun 3,5% pro Joer hunn, fir datt dee Mechanismus spillt, a vu datt mer am Fong an där leschter Zäit net un déi 3,5% komm sinn, gëtt d'Auer all Joer erëm op null gestallt, wann et den 1. Januar ugeet, wat dann eben och zur Konsequenz hat, wann eng Regierung net da vu sech aus eng Upassung proposéiert, datt mer dann e cumuléierten Defizit kréie vu wéi gesot elo 16%.

D'Regierung mécht eng Propositioun hei, fir 6% un d'Steiertabell unzepassen, wat d'Inflatioun ubelaangt. Mir hunn als ADR deemools ëmmer diskutéiert derfir, datt mer gär d'Negativsteier hei zu Lëtzebuerg ageféiert hätten - ech kommen herno nach dorop ze schwätzen -, a mer hunn awer och ëmmer gesot, datt d'Aféierung vun enger Negativsteier misst käschtenneutral fir de Stat sinn, datt dat net däerf verbonne gi mat zousätzlechen Dépensë fir de Stat. Duerfir si mer och domat averstanen, datt zum Beispill een Deel, deen elo gebraucht gëtt fir d'Negativsteier oder de Kannerbonus anzeféieren, net iwwert déi linear Upassung géif gemaach ginn. Dat heescht, datt deen doriwwer géif kompenséiert ginn.

Wann een natierlech kuckt, wat de Kannerbonus an d'Upassung vu 6% momentan de Stat kaschten, da komme mer op ronn 300 Milliounen d'Joer, vun engem Steierplus u Recettë vu 600 Milliounen d'Joer, esou datt am Fong elo, kéint ee soen, duerch déi hei Moossnamen, op d'Joer gekuckt, ronn d'Halschent kompenséiert gëtt, et also nach e grousse Plus u Recettë fir de Stat och an Zukunft wäert bleiwen duerch d'Net-vollkommen-Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun.

Ee Wuert, Här President, wat d'Betribsautoen ubelaangt, déi aus dësem Projet erausgeholl si ginn a wou an enger éischter Phas gesot ginn ass, si géifen ëm ee Joer zréckgesat ginn. Et ass eng Motioun haut de Moien och hei deponéiert gi vun der Kommissioun. Mir als ADR hunn déi Motioun net mat ënnerschriwwen, well mer och deemools net mat där Steiererhéijung op den Autoen averstane waren. An där Logik kann een dann och net domat d'accord sinn, datt déi Steiererhéijung elo géif op aner Autoen ausgedehnt ginn. Ofgesinn dovun, datt déi Erhéijung, déi elo schonn duerchgezu ginn ass, vill Problemer mat sech bréngt, och fir d'Verwaltungen.

Wa mer heihinner elo géife goen, stelle mer fest, datt dat e gewëssene Bestanddeel vun der Lounpolitik am Privatsecteur ass, datt eng Rei vu Leit Autoen zur Verfügung gestallt kréien, an da muss een och wëssen, datt mer do zum Deel an d'Lounpolitik géifen agräifen.

Et ass doriwwer eraus eiser Meenung no en ongerechte System, wéi e momentan fonctionnéiert, well hei net eng richteg, gerecht Wendung kënnt, well am Fong déi Leit, déi wéineg Kilometere mam Auto fueren, domadder also wéineg CO_2 ausstoussen, awer genausou haart bestrooft ginn, wéi Leit, déi ganz vill mam Auto fueren. Duerfir menge mir, datt, amplaz de Prinzip, d'Approche, déi d'Regierung hei geholl huet, wou am Fong d'Leit gestrooft ginn, déi en CO_2-Ausstouss maachen, mir léiwer géifen ëmgedréint gesinn, datt déi Leit belount géife ginn, déi eppes géife fir manner CO_2-Ausstouss maachen.

Duerfir géife mer éischter gesinn, datt een iwwert de Wee vum Uschafe vun Autoe bei der TVA géif goen, datt een d'Primë géif ausbaue fir déi Leit, déi sech Autoe géifen uschafen, déi manner Emissiounen ausstoussen, amplaz datt mer hei e System gewielt hunn, wou eben ëmmer d'Leit musse méi bezuelen, also gestrooft ginn.

Wann een och kuckt, wat de Stat do derniewent iwwert d'Automobilisten erakritt, eleng doduerch, datt op de Weltmäert d'Pëtrolspräisser an d'Luucht gaange sinn! Wa se an d'Luucht ginn, da kritt de Stat och logescherweis a konsequenterweis méi TVA eran. D'Recetten op der TVA op dem Bensin a Pëtrol si beim Stat vun 2004 vun 165 Milliounen Euro am Joer 2006 op 187 Milliounen Euro an d'Luucht gaangen. Also eleng op deem Punkt huet de Stat iwwer zwee Joer 22 Millioune méi TVA erakritt, déi och d'Autofuerer hu misse bezuelen.

Mir wëssen, datt 2006 de Stat 826 Milliounen Euro als Accisen erakritt huet, déi mer wuel mussen am Kader vun der UBL deelen. Mä mir wëssen awer och, datt e groussen Deel vun deenen Accisen hei am Land bleiwen a mir wëssen, datt se pro 1.000 Liter elo den 1. Januar 2008 an d'Luucht ginn an datt se bis 2012 nach wäerte weider an d'Luucht goen, also datt souwisou déi Leit, déi fueren an déi vill fueren, iwwert de Wee vun der TVA an den Accisë jo méi Gelder an d'Statskeess erabréngen.

Wann een da weess, datt d'Erhéijung vun der Autosteier dem Stat 32 Milliounen erabréngt d'Joer, da kann een am Fong soen, duerch déi automatesch Augmentatiounen, déi hei virgesi sinn, kritt de Stat jo bäi Wäitem méi eran, wéi iwwert déi Augmentatioun do vun den Autossteieren.

Duerfir muss ech effektiv d'Fro stellen, ob et richteg ass, datt mer d'Autosteier weider héijen oder ob een net kéint op där anerer Säit iwwert de Wee vun der TVA an den Accisen datselwecht kréien an dann eben déi Leit treffen, déi och vill fueren, amplaz datt déi Leit, déi wéineg fueren, elo méi haart getraff ginn, wa se en Auto hunn, dee vläicht méi CO_2 ausstéisst.

Mir sinn also fir de Prinzip, datt een net d'Leit soll bestrofen, mä datt een d'Leit soll belounen, déi eppes géint d'CO_2-Ausstéiss maachen.

Här President, duerfir hu mer déi Motioun net mat ënnerschriwwen a mir wäerte se och duerfir herno net mat stëmmen.

De Kannerbonus, Här President, ass e Punkt, dee bei eis ganz sécher op oppen Ouere fält. Mir hunn zënter Joren als ADR ëmmer vu méi Steiergerechtegkeet geschwat, mir hu vu Steiervereinfachung geschwat a mir hu vun Negativsteier geschwat. Eng Steiervereinfachung duerch d'Individualisatioun, där mer hei elo e Stéck méi no kommen doduerch, datt mer d'Klasse fir d'Kanner ofschafen. Mir hunn awer och verlaangt, datt ee soll d'Steierklasse méi regruppéieren, a mir hu virun allem d'Negativsteier duerch d'Aféiere vu Crédits d'impôt abruecht.

Well eben an eisem Steiersystem et sozial ongerecht ass, well alleguer déi Leit, déi wéineg Steieren oder keng Steiere bezuelen, vun alleguer deenen Abattementer, déi et an eisem Steiersystem gëtt, iwwerhaapt net kënne profitéieren. Mir sinn der Meenung, datt dee Wee, deen hei gesicht ginn ass, wou mer d'Abattementer fir d'Kanner an e Kannerbonus ëmwiesselen, en éischte richtege Schratt ass, a mengen och, datt ee soll an Zukunft an déi Richtung weidergoen.

Et ass an Aussiicht gestallt ginn, datt den Arbeitnehmerfräibetrag soll vun 2009 un ofgeschaaft ginn. Mir sinn der Meenung, datt aner Taxen, déi den normale Bierger oder d'Salariat am Prinzip ëmmer brauch, wéi d'Kilometerpauschal, d'Scholdzënse fir de Kaf vun enger Wunneng, fir en Eegenheem, oder d'Zousazpensiounen, datt dat nächst Etappe misste sinn, fir ebe méi Steiergerechtegkeet hei zu Lëtzebuerg ze kréien.

De Kannerbonus ass, wéi gesot, fir eis eng Aart vun Negativsteier, wou elo jiddfereen am Fong pro Kand vun der Caisse nationale des prestations familiales déi 922,5 Euro pro Joer ausbezuelt kritt.. Datt hei net op de Wee gaangen ass vun enger Negativsteier, mä datt et e Kannerbonus ginn ass, dee vun der Caisse nationale des prestations familiales ausbezuelt gëtt, fënnt eis Zoustëmmung, well mer wëssen, wa mer op eng reng Negativsteier gaange wieren, hätte missen och vill Leit dann eng Steierdeklaratioun maachen, fir an de Benefiss dovunner ze kommen - praktesch jiddfereen, dee Kanner hätt - an et wier och eng Méibelaaschtung fir d'Steierverwaltung ginn.

Hei erreeche mer datselwecht doduerch, andeem datt mer d'Keess vun de Familljen-

zoulagen dat maache loossen. Do brauch keen eng Steiererklärung ze maachen. D'Steierverwaltung gëtt also doduerch net zousätzlech belaascht, an ech géif och mengen, datt d'Keess vun de Familljenzoulagen net onbedéngt, wann d'informatesch Programme géife stëmmen, vill zousätzlech Aarbecht wäert kréien.

Mir waren eis och an der Kommissioun eens, datt een no 2008, eben elo, soll dat an enger Kéier ausbezuelen a vun 2009 u géif dat dann ëmmer automatesch all Mount mat ausbezuelt ginn. D'Informatioun war och wichteg, datt de Kannerbonus ëmmer ausbezuelt gëtt, och wann d'Kand zum Beispill den 31. Dezember eréischt op d'Welt kënnt, well et jo den Ersatz vun engem Steierabattement ass, deen och jo an alle Fäll ëmmer ausbezuelt ginn ass.

Wie kritt dee Kannerbonus? All Kand, och d'Frontalieren, also 200.000 Kanner ongefëier, déi hei am Land sinn, déi Kannergeld kréien. 100.000 dovunner, dat hu meng Virriedner och scho gesot, si Steierzueler. 100.000 sinn der, déi keng Steiere bezuelen, déi se also voll kréien. 15.000, déi leien an deem Grenzberäich wou et d'Differenz ass, déi liicht ënnert der Steier leien oder liicht driwwer. Fir 85.000 ass et neutral, dat sinn am Fong déi, déi elo scho Steiere bezuelen, déi dann de Kannerbonus kréien an iwwert de Wee vun de Steieren et zréckdroen.

De Käschtepunkt ass fir de Stat 300 Milliounen. E kritt awer iwwert de Wee vun de Steieren erëm bal 200 Milliounen zréck. Et ass also e reelle Käschtepunkt vun ongefëier 100 Milliounen.

Et ass also eng Ëmverdeelung, an dat schéngt eis de wichtegste Punkt hei ze sinn, Här President, datt mer eng éischte Kéier dee Schratt maachen, datt mer eng Ëmverdeelung maachen. D'Negativsteier ass nun emol eben, dat soll ee kloer soen, eng Ëmverdeelung vun uewen no ënnen. Dat heescht, hei kréien am Fong déi Leit ënnen eppes, wat déi aner schonn ëmmer haten. Duerfir ass et och fir eis sozial gerecht. Ech hunn och dat scho beim Budget hei gesot, datt ech Problemer hu mat Leit oder Organisatiounen, déi zwar ëmmer vu sozialer Gerechtegkeet schwätzen, mä déi awer dann e Problem hunn - dee se zwar net esou direkt ausdrécken, mä, wann een et awer esou liest, da kann een et tëschent den Zeilen awer erausliesen, datt se Problemer hunn -, datt zum Beispill d'Steiertabell net integral ugepasst gëtt an ee Problem awer domat hunn, datt e Kannerbonus agefouert gëtt. Dat ass fir mech eng schlecht Astellung, wann ee gläichzäiteg wëllt vu Sozialpolitik schwätzen.

Mir wëssen, datt hei am Land virun allem déi Famillje mat klengen, mat bescheidene Revenuen, Famillje mat Kanner haart getraff si vun de Moossnamen, déi mer geholl hunn am Kader vun der Tripartite, mä och doduerch, datt déi alldeeglech Käschten, déi d'Leit hunn, fir ze liewen, an d'Luucht ginn, datt d'Zënsen an d'Luucht ginn, datt d'Loyeren an d'Luucht ginn, vum Wunnen net méi ze schwätzen, also datt mer do eng Kategorie vu Leit kréien, an déi ëmmer méi grouss gëtt hei am Land, déi Problemer hu mat hirem Akommes auszekommen. Dofir ass déi Ëmverdeelung wichteg, an dat hei däerf och nëmmen een éischte Schratt an déi Richtung sinn. Do mussen nach aner Schrëtt hannendrun nokommen.

Dann ass, Här President, awer och gesot ginn am Kader vun der Tripartite, wou d'Familljenzoulagen désindexéiert gi sinn, datt ebe géif gekuckt gi bis den 1. Januar 2008, fir een Asazmechanismus dohinner ze setzen, a wann dat net géif geschéien, da géif d'Indexéierung vun de Familljenzoulagen erëm vum 1. Januar 2008 u voll spillen.

An dem Rapport vum Rapporteur ass dee Passus aus dem Tripartite-Ofkommes mat iwwerholl ginn, wou dann och steet: «À défaut d'un tel accord, les prestations sont soumises à nouveau, à partir de janvier 2008, au mécanisme de l'indexation automatique.» Dat heescht, wa mer dat heiten net hunn, da wier et erëm automatesch, dass d'Kannergeld indexéiert géif ginn.

An da kënnt nach ee Saz hannendrun, dee seet: «L'introduction du boni pour enfant s'entend notamment comme une compensation pour le gel des allocations familiales décidé par la tripartite.»

Dat ass awer nëmmen zum Deel richteg. Et ass nëmme richteg fir deen Deel vu Leit, déi de Kannerbonus ganz kréien oder een Deel vum Kannerbonus kréien. Fir déi Leit, kann ee soen, ass et eng Kompensatioun fir d'Désindexatioun vum Kannergeld. Mä alleguer déi Leit, déi de Kannerbonus erëm iwwert de Wee vun de Steieren zréckbezuelen, déi Leit hu keng Kompensatioun fir d'Désindexatioun vum Kannergeld kritt. Ech mengen, dat misst ee fairerweis awer dann do mat erasoen an net global oder pauschal dohinner stelle wéi wann heimat och eng Kompensatioun fir d'Désindexatioun vum Kannergeld komme géif. Dat ass nëmmen zum Deel richteg.

Et muss een och wëssen, datt de Kannerbonus an Zukunft net indexéiert ass, esou datt am Fong och iwwert de Wee vun der Inflatioun vu Joer zu Joer d'Kafkraaft vun deem Kannerbonus zréckgeet.

Et kënnen och eng Rei vun Nodeeler mam Kannerbonus entstoen. Dofir stelle mer en awer net a Fro, mir soe just, datt een dofir dat am A behale muss. Et muss ee wëssen, datt den „Revenu net" vun de Leit vum 1. Januar u méi kleng gëtt, quitte datt se de Kannerbonus kréien an dat domat ausgeglach gëtt. Et muss een och wëssen, well - wéi ech et elo grad gesot hunn - de Kannerbonus net indexéiert ass geet d'Kafkraaft vum Kannerbonus zréck.

An et muss een och wëssen, datt eng Rei vu Leit elo méi Steiere bezuelen, obwuel se de Kannerbonus kréien, mä d'Leit wëssen awer net onbedéngt ëmmer richteg mam Geld ëmzegoen, an dofir ware mir och Demandeur a mat villen d'accord, datt de Kannerbonus op zwielef Méint soll verdeelt ginn, well mer soss fäerten, wéi et och mat anere Primë geet, datt déi Suen dann op eng Kéier ausgi ginn, vläicht fir Saachen, déi net onbedéngt am Intérêt vun der Famill oder de Kanner sinn. Doduerch datt se gestreckt ginn iwwert d'Joer si mer éischter der Meenung, datt se an den normale Konsum, deen eng Famill brauch, mat eralafe wäerten.

Et ass de Moien hei generell geschwat ginn iwwert d'Familljepolitik, Här President, ech mengen dat ass eng Suerg, déi jiddfereen heibannen huet, an et ass gefrot ginn, ob een net sollt méi amplaz vu Geldleeschtungen op Sachleeschtungen iwwergoen.

Ech menge mir ginn hei am Land am Ableck, wa mer kucke wat mer an deene leschte Joren an Infrastrukture vum Précoce, vu Crèchen an neierdéngs a Maisons relais investéieren, esou maachen de Stat an d'Gemengen enorm Efforten an déi Richtung, fir a Sachleeschtungen ze investéieren.

Fir awer elo ze mengen et kéint een higoen a soe mir senken d'Tauxen an de Crèchen an an de Maisons relais zum Beispill a kënnen domadder op där anerer Säit d'Kannergeld oder de Kannerbonus reduzéieren, dat ass zu dësem Zäitpunkt eng falsch Approche, well mer jo awer nach ganz vill Leit hunn, déi vun deenen Infrastrukturen net profitéieren, esou datt mer also net kënnen déi Leit aus där Diskussioun ausschléissen, esou datt, ech mengen, mer nach mussen op dësem System bleiwen.

Et gëtt awer och aner Meenunge wéi déi vun de Kolleege vun der DP, déi e Wunnengsgeld aféiere wëllen. Et gëtt och Iddien, déi bei eis zum Beispill diskutéiert ginn, datt een de Famillje pro Kand ee Scheck gëtt a wann d'Mamm oder de Papp doheem sinn, da léise se dee Scheck fir sech an, a wa se d'Kand an eng Crèche oder an eng Garderie ginn, da kënne se domadder déi bezuelen.

Mä och do, wann een dat am Hannergedanken huet, wéi de Kolleeg Meisch dat hei gesot huet, wat d'Exportatioun vun de Gelder ubelaangt, da stellen ech mer d'Fro, ob mer déi dote Moossnamen net awer och opgrond vun europäeschen Direktiven exportéiere missten. An dofir, mengen ech, kann ee se net an de Kader vum Exportéieren oder Netexportéiere stellen, mä et muss een einfach kucke wéi ee se fonctionnel a sënnvoll hei am Land asetze kann, wëssend datt och domadder alleguer déi Frontalieren, déi hei am Land schaffen an och zum Räichtum vun dësem Land bäidroen, se och kréien.

Mir musse jo och wëssen, datt mer fir déi Leit als Stat, obscho se hei schaffen, hei Steiere bezuelen, net déi Infrastrukture bezuele mussen. Mir brauche fir deenen hir Kanner keng Schoulen, keng Crèchen, keng Maisons relais ze bauen, dat muss de franséischen, belschen oder däitsche Stat maachen. Dofir, mengen ech, muss een dat schonn och méi generell kucken.

Dann eng Moossnam, déi och eis Zoustëmmung fënnt, dat ass déi, datt Leit, déi an engem Partenariat wunnen, och elo kënnen op Demande hi froe fir kollektiv kënne besteiert ze ginn. D'ADR ass d'accord mat där Moossnam, datt d'Leit am Partenariat kënne kollektiv besteiert ginn. Mir hu just ee Problem domat, wat d'Egalitéit vun der Besteierung ubelaangt, well mer nämlech déi Méiglechkeet, déi Leit am Partenariat hunn, datt se op Demande kënne kollektiv besteiert ginn a wa se et net wëllen, da gi se individuell besteiert, datt eng bestuete Koppel hei zu Lëtzebuerg déi Méiglechkeet nach ëmmer net huet. Et gëtt wuel technesch Ursaache fir dat eent an dat anert, mä d'Realitéit ass, datt eng bestuete Koppel net déi Méiglechkeet huet, fir kënnen op Demande hin och individuell besteiert ze ginn.

Et kann een also soen, datt déi bestuete Koppel elo benodeelegt ass vis-à-vis vun enger Koppel, déi am Partenariat lieft, well déi bestuete Koppel gëtt d'office kollektiv besteiert an eng Koppel am Partenariat huet de Choix fir kollektiv oder individuell besteiert ze ginn. Ech war iwwerrascht, datt grad d'CSV mat där doten Iddi komme konnt oder konnt averstane sinn, wou jo dach awer dann elo déi bestuete Koppele steierlech benodeelegt sinn, wat de System ubelaangt, vis-à-vis vun deene Koppelen, déi am Partenariat liewen.

Elo sinn ech liicht hei a menge Pabeieren duerchernee komm, well och nämlech...

(Brouhaha général)

Jo, ech hat mer ee Feil gemaach op eng aner Säit, mä ech fannen déi Säit elo net méi erëm, mä et ass awer kee Problem, Här President.

Ech wollt och soen, datt mer nach ee Punkt hei ervirhiewe wëllen, dat ass déi zweet Steierkaart. Déi zweet Steierkaart huet och heimat ze dinn, mat dem Partenariat. Wann eng Koppel, déi bestuet ass, eng zweet Steierkaart kritt, da kritt se an der Regel elo op där zweeter Steierkaart manner Steieren ze bezuelen, do ass de Prozentsaz erofgaangen. Mä deen Ableck, wou zwee Kanner oder méi Kanner do sinn, do geet den Taux vun 0 op 12% dann erop.

Dat heescht eng Koppel, déi am Partenariat lieft, déi huet also och d'Méiglechkeet, datt se d'individuell Besteierung bestoe léisst an dann net ënnert déi Augmentatioun vun deem Taux do fält. Also an deem Zesummenhang ass dann och déi Moossnam, déi mer bei där zweeter Steierkaart hunn, ongerecht vis-à-vis vun der bestuetener Koppel, déi dovunner net profitéiere kann.

Ee leschte Punkt dann, Här President - ech hunn iwwregens mäi Blat elo nees erëmfonnt, ech hat et op d'Säit geluecht -, dat ass d'Besteierung vun den Iwwerstonnen. De Projet de loi 5750 iwwert de Statut unique huet déi Moossname virgesinn a si sinn elo virgezu ginn a si sinn an dëse Projet erageholl ginn.

Mir begréissen, datt am Fong elo d'Salariéen am Privatsecteur scho virgezu vum 1. Januar 2008 u vun deene Steiererliichterunge profitéiere kënnen, well de Statut unique a sech jo eréischt den 1. Januar 2009 a Kraaft triede wäert. Hei ginn also steierfräi déi integral Rémunératioune souwuel op den Iwwerstonnen, op der Nuetsaarbecht, sonndes oder bei Feierdagsaarbecht. Hei ass vum Statsrot eng Opposition formelle soi-disant gemaach ginn. De Kolleeg Laurent Mosar huet versicht déi komplizéiert Beschreiwung hei ze erklären. D'Kommissioun war der Meenung, datt se deen Deel vum Projet de loi kéint dra stoeloossen.

Et muss een awer wëssen, datt mer hei een Deel ëmsetzen, wat d'Iwwerstonnen ubelaangt, deen am Statut unique virgesinn ass, an zwar nämlech nëmme just de steierpoliteschen Deel, wat d'Iwwerstonnen ubelaangt. Mir schwätzen hei net iwwert dee Volet, datt keng Cotisatioune méi fir d'Sécurité sociale ass, déi hei mat an déi Diskussioun eragehéiert, mä et eis, wéi gesot, am Kader vum Statut unique wäert beschäftegen.

Här President, et muss een och am A behalen: D'Evolutioun kann duerch déi heite Moossnam entstoen. Och wann et à première vue positiv ass, datt keng Besteierunge méi do gemaach ginn, muss een awer am A behalen, ob net en Abus doduerch entsteet. Ob net Betriber elo higinn, deemno a wat fir enger Lounkategorie datt Leit sinn, datt bestëmmten Deeler vum Loun haut aus dem Loun erausgeholl ginn an an Iwwerstonne geluecht ginn, oder ob net Betriber do sinn, déi vläicht éischter Leit astellen, déi méi Iwwerstonne maachen, well dat och elo méi interessant ass. Duerfir, mengen ech, ass et schonn um Aarbechtsminister respektiv un de Gewerkschaften, déi um Terrain sinn, fir déi Entwécklung do am A ze halen. Wann do keng Abusë geschéien, da kann dat heiten duerchaus eng positiv Moossnam sinn.

Dat gesot, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ass dat heiten e Projet, dee fundamental an engem Punkt, wat eiser Meenung no d'Negativsteier, de Kannerbonus ass, an eng gutt Richtung geet. Hei hu mer eng Kéier de Schratt gemaach zu enger Ëmverdeelung vun uewen no ënnen. Duerfir fënnt dëse Projet och d'Zoustëmmung vun der ADR.

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Den Här Jaerling kënnt zum Schluss.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Merci, Här President. Merci och dem Här Rapporteur fir säin explizite Rapport. Wann een dat Gesetz do op deen éischte Bléck kuckt, da kéint scho Chrëschtstëmmung opkommen. Wann een awer e bëssen an den Detail geet, dann ass déi Euphorie fir mech séier eriwwer. Famillje mat Kanner sollen 922 Euro pro Kand kréien. Dat si 77 Euro pro Mount ab 2009. Dat soll als Bonus zougestane ginn. Dat ass eng ganz luefbar Initiativ, déi ee kann ënnerstëtzen, well se am Interessi vu Famillje mat Kanner ass.

Do dernieft ginn awer d'Steierabattementer fir Kanner ofgeschaaft, esou datt Famillje mat Kanner elo d'office ab 2008 an d'Steierklass 2 falen, wat mat sech bréngt, datt se ab Januar 2008 musse Steiere bezuele jee nom Revenu, dee se hunn. Dat kann awer fir Famillje mat ville Kanner e Problem mat sech bréngen, well se dann ab Januar op jidde Fall emol fir d'éischt manner Revenu hunn. Dat soulaang bis de Kannerbonus an engem Coup soll ausbezuelt ginn. Esou wéi ech verstanen hunn, soll dat am Mäerz geschéien. Hoffe mer, datt dat och méiglech ass mat deem administrativen Opwand, deen dat wäert mat sech bréngen.

Et gëtt awer och Leit, déi net wäerte vun dëser Mesure profitéieren. An dat si Familljen ouni Kanner, déi keng Steiere bezuelen. Déi kréie weder e Bonus nach eng Steiereduktioun. Mä dat sinn och Familljen a mengen Aen, deenen ee misst ënnert d'Äerm gräifen, ebe just fir hinne besser Viraussetzungen ze schafen, fir Familljen am Interessi vun eiser demographescher Situatioun ze erweideren. Entweder gi mer deenen dann och eppes, fir datt se sech kënne vergréisseren a Kanner kréien. Oder mer mussen higoen an hinnen de Fernseh ewechhuelen.

Här President, déi déi awer am meeschte vun dësem Gesetz profitéieren, dat sinn natierlech erëm d'Groussverdénger, ob si Kanner hunn oder net. Profitéieren dovu wäerten och d'Betriber, engersäits duerch déi zousätzlech Ermässegung bei den Investissementer, an anerersäits awer och duerch d'Net-méi-Besteiere vun den Iwwerstonnen.

D'Net-Besteiere vun den Iwwerstonnen, Sonndeg a Feierdeeg huet positiv, awer och negativ Konsequenzen. Déi positiv si menger Usiicht no vu kuerzfristeger Natur, well déi Leit, déi Iwwerstonne kënne schaffen, méi vun hirer Méiaarbecht hunn. Et ginn awer och Leit, déi aus gesondheetlechen Ursaache keng Iwwerstonne kënne schaffen. Déi wäerten och net drënner falen.

D'Fro, déi sech stellt, ass, ob fir déi Iwwerstonnen och keng Sozialversécherung méi muss bezuelt ginn, esou wéi dat ugeklongen ass an esou wéi dat och am Zesummenhang mam Eenheetsstatut soll agefouert ginn. Wann dat de Fall wier, dann hätt dat Konsequenzen op de Leit hir Krankenofsécherung an domadder och Konsequenzen op hir Urlaubsentschiedegung, well iwwert d'Gesetz d'Ausbezuele vun deenen Entschiedegunge jo verbonnen ass mam Ausbezuele vun der Krankenofsécherung.

Déi Konsequenzen, déi dës Mesure awer sécher wäert hunn, dat sinn déi, déi sech op d'Liewensqualitéit vun de Salariéë wäerten auswierken, well der da vill, fir méi ze verdéngen, sech wäerten derzou verleede loossen och méi ze schaffen, wat op d'Käschte vun der Liewensqualitéit a besonnesch op d'Käschte vun der Famill geet. Eng aner Konsequenz, déi dat kann hunn, ass, datt och vu Säite vun de Betriber, wann hir Mataarbechter méi op sinn, fir méi ze schaffen, méi op Iwwerstonnen zréckgegraff gëtt. Wat dann erëm zur Konsequenz kann hunn, datt keng nei Aarbechtsplaze méi geschafe ginn. Wat dann erëm op d'Käschte vun eiser Aarbechtsmaartverwaltung, also op d'Käschte vum Steierzueler geet. Esou dass déi Mesure, géif ech mengen, net grad profitabel ass fir d'Gesellschaft.

Wann een déi Mesuren dann och hypothetesch kombinéiert mat deem Crédit

épargne-temps, deen am Kader vum Eenheetsstatut soll agefouert ginn, da kann et engem awer schonn Angscht ginn. Dee Crédit épargne-temps soll nämlech erméiglechen, esou wéi dat duergestallt ginn ass, fir seng méi geschaffte Stonnen ze stockéieren. Wat zousätzlech wäert eng Motivatioun sinn, fir méi ze schaffen, méi ze verdéngen, a keng Fräizäit als Géigeleeschtung ze huelen.

Dat ass ee geféierleche Wee, deen ech op kee Fall bereet si matzegoen, well e ganz sécher och op Käschte vun den Aarbechtsplaze geet a well mer riskéieren, dass dann all déi Mesuren, déi mer geschafen hunn, sief et Zäitverträg, sief et och Interim oder sief et all déi Mesuren, déi mer geschafen hunn, fir Aarbechtsplazen ze schafen, wann do systematesch drop zréckgegraff gëtt, fir Iwwerstonnen ze schaffen, da kënnen an de ronnen Dossier geheien, well déi sinn da kee Centime méi wäert.

Also ech perséinlech hätt léiwer gehat, datt wann esou Mesuren noutwendeg erschéngt solle sinn, déi an engem separate Gesetz ze behandelen, niewent dësem Gesetz, awer och niewent dem Gesetz vum Eenheetsstatut. Well och, wat den Eenheetsstatut ubelaangt, esou wäert dat dann Diskussioune ginn, well am Eenheetsstatut just an engem Saz de Crédit épargne-temps drasteet, a well do derniewent soll en extrat Gesetz gemaach ginn. Mä et hypothekéiert op jidde Fall awer d'Diskussiounen iwwert den Eenheetsstatut, wann dat esou an engem Saz drastoe bleift. Dat heescht, wann den Eenheetsstatut gestëmmt gëtt, da muss een esou e Gesetz maachen. Dofir hätt ech léiwer gehat, et wär aus dem Eenheetsstatut erausbliwwen. Wann een dann hätt wëllen nach esou e Gesetz maachen, hätt een dat solle separat maachen.

Déi Mesure iwwert d'Bezuele vun der Méiaarbecht oder iwwert d'Net-Besteiere vun den Iwwerstonnen erënnert mech u bestëmmte Politike vun engem Här Sarkozy. Da soll een awer ganz virsiichteg sinn, dass een net ze vill vun deem kopéiert, well dee wollt och eng Kéier mam Kärcher duerch d'Land zéien.

Här President, dat heiten ass e Gesetz, wouvun haaptsächlech déi am meeschte profitéieren, déi scho vill hunn. Fir Kleng- a Mëttelverdénger, ob mat oder ouni Famill, spillt dat keng allze grouss Roll. Et freet mech awer besonnesch, dass et sech endlech erëm lount Jonggesell ze sinn, well een elo manner Steiere muss bezuelen. Soss hätt ech mech erëm misse bestueden an da 50% oder och méi ofginn. Also, dat hätt ech einfach net méi iwwert d'Häerz bruecht.

Plusieurs voix.- Ooohhh!

(Interruption)

M. le Président.- Här Jaerling, fuert elo weider.

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Also, ech kann lech just eent soen: Egal wéi schéin dass Der sidd, mech leet kee méi eran.

(Hilarité)

Dëst Gesetz huet eng Rei positiv Aspekter, schléisst awer leider erëm eng Rei Leit aus, nämlech déi, déi och no dësem Gesetz nach keng Steiere bezuelen. Menger Usiicht no wär et awer méi richteg gewiescht, direkt fir d'Negativsteier ze optéieren, opgrond dass d'Leit déi Plusvaluen, déi anerer kréien iwwert de Wee vun enger Bonifikatioun, hätte kënnen zegutt-geschriwwe kréien.

Wat elo d'Mesuren am Kontext vun den neien Autossteiere betrëfft, esou ass et wichteg, dass déi Recetten effektiv musse genotzt ginn, fir ëmweltorientéiert Politiken ze finanzéieren; an net dass se just fir d'éischt de Statssäckel fëllen an dann net dohinner ginn, wou se sollen higoen. Dat muss een onbedéngt am A behalen.

Den Här Minister huet jo gëschter hei versprach, dass och effektiv déi Sue solle geholl ginn, fir ëmweltpolitesch Politiken ze maachen. Ech gleewen him dat, mä ech géif et awer trotzdeem am A behalen. A soulaang wéi ech dees net sécher sinn, wëll ech och keng esou Taxe méi stëmmen oder matdroen, an duerfir wäert ech mech och bei der Motioun vum Här Mosar enthalen.

Den öffentlechen Transport gratis unzebidden, wär zum Beispill eng Mesure gewiescht, och...

M. le Président.- Här Jaerling, Dir musst zum Schluss kommen.

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Dat kann all Moment geschéien, Här President.

(Hilarité)

M. le Président.- Jo, mä Är Riedezäit ass ofgelaf.

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Wéinst deenen aarbechtsmaartpolitesche Konsequenzen, déi ech duerch dëst Gesetz gesi kommen, kann ech et leider net stëmmen a wäert mech enthalen.

M. le Président.- Domat ass d'Debatt ofgeschloss. Zum Schluss vun der Debatt huet fir d'Regierung den Här Stats-a Finanzminister Jean-Claude Juncker d'Wuert.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre des Finances.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech géif fir d'éischt gär um Schluss vun dëser gestrafft gefouerter Debatt dem President a Rapporteur vun der Finanzkommissioun, deem nach ëmmer honorabelen Här Laurent Mosar, Merci soe fir déi Méi, déi hie sech ginn huet, a fir déi streckeweis séier, mä ëmmer awer déifgrënneg Aarbecht, déi hien zanter dem Dépôt am Oktober vun dësem Gesetzesprojet huet misse virleeën. Dat war eng gutt Aarbecht a fir de Rescht en agréabelt Zesummeschaffen.

Mäi Merci geet duerfir och un all Memberen - soufern wéi se an all Sitzung waren - vun der Budgets- a Finanzkommissioun, déi och déi Aarbechten hei mat Tempo a mat Asiicht a mat Nosiicht begleet hunn.

Mir hunn haut, Här President, vill...

Also, ech réngen ëmmer ëm eng gewësse Fassung, wann ech dem Här Goerens soll eng frech Bemierkung maachen, dat geléngt mer einfach net. Ech maachen him se da virun der Dier.

M. Charles Goerens *(DP).*- Ech hunn lech jo och net provozéiert.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre des Finances.*- Här Goerens, zwee esou al Fiiss wéi eis kann een net openeenhetzen, dat geet guer net.

(Hilarité)

Ech wollt soen, dass mer vill iwwer Inflatioun an iwwer Upassung vum Steiertarif un d'Inflatioun haut de Moien héieren hunn, wéi dat och schonn eng gewëssen Zäit an der politescher Diskussioun zu Lëtzebuerg ze héieren ass. An ech hunn trotz intensiivstem Nolauschteren nach ëmmer net richteg erausfonnt, firwat dass d'Regierung hätt solle quasi obligéiert ginn, eng Tarifupassung vu 16% am Budget 2008 ze maachen. An ech mengen, et wëllt och kee mer dat richteg erklären. Et wëllt just eng Partei dauernd soen, si hätt am léifsten, datt d'Steiere géife méi erofgesat ginn. An ech wëll et och net verstoen, wann ech et verstan hätt, well ech jo eben net 16% erofsetzen, mä nëmme 6%.

Mä ech versti mech awer besser bei där Politik, wéi ech mech géif verstoe bei där, déi hei vun der liberaler Partei préconiséiert gëtt. Déi jo eigentlech gutt berode wier, sech mat dem eigentlechen Oflaf vun den Événementer zolidd a méi eingehend ze beschäftegen.

Ech hu jo ëmmer den Nodeel, mä ech mengen, et ass och ee Virdeel, fir Politike vun e puer Regierungen, deenen hir Zesummestellung variéiert - wann och net am Substanzdeel -, ze schwätzen.

Mir haten eng Regierung mat eise liberale Kolleegen, déi war vum Wieler esou gewollt an de Joren 1999 bis 2004, an do hu mer jo och steierlech Adaptatioune gemaach, déi och - anescht wéi dës - ee richtege Reformcharakter haten, well mir hunn nach net héieren, dass dat heiten eng Steierreform wier. Ech géif dat Attribut dësem Gesetzesprojet net wëllen applizéiert gesinn a sengem steierlechen Deel.

A mir hunn an de Joren 2002, 2003 an 2004 keng Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun gemaach. A mat der DP zesummen hu mer - fir emol Lëtzebuergesch ze schwätzen, an esou wéi dat gesot gëtt - de Lëtzebuerger 6,3% ze vill aus der Täsch gezunn an de Joren 2002, 2003 an 2004. Ech sinn awer net der Meenung, dass de Stat de Leit, wéi hei gesot gëtt - well hei gëtt jo iwwert de Stat dauernd geschwat, wéi wann dat een anonymt Geschöpf wier, mat deem kee Lëtzebuerger a keen heibannen eppes ze dinn hätt -, d'Suen aus der Täsch gezunn huet.

Ech sinn der Meenung, dass déi Zäit keng Steieradaptatioun noutwendeg war, well dat, wat mer an de Joren 2001 an 2002 gemaach hunn - den Här Bausch huet nach eng Kéier dorop opmierksam gemaach -, largement méi wäit gaangen ass wéi déi Inflatiounsunhäufung, déi an de Joren 2002, 2003 a 2004 geschitt ass, an dat, wat ech iwwert déi Jore soen, kann ech beliebeg viruféieren, wann och net onendlech, bis an d'Joer 2007 eran.

Elo adaptéiere mer de Steiertarif ëm 6%. Mir hätten e missen zesumme mat de liberale Kolleegen - wann deemools déi Doktrin sech schonn esou unanime hätt kënnen duerstelle loossen, wéi dat haut geschitt - ëm 6,3% upassen. Mir hunn also déi 16%, déi se misst ugepasst gi laut bestëmmten Theorien; mer hunn déi 6,3%, déi d'DP net mat ugepasst huet; also trennen eis vun eise liberale Kolleege ganz genau 4%, déi mer auserneeleien.

(Interruption)

16 wéineger 6,3 ass 9,7 a wéineger 6 gëtt dat souguer manner wéi 4.

Et sinn Äppel a Bieren, an ech kenne kee méi talentéierte Geméishändler wéi lech, muss ech soen. Well dat, wat Dir hei...

(Hilarité)

Ech beschäftege mech elo emol mat deem Uebst a mat deene Friichten a mat deem Geméis, wat Dir mer hei an de Kierfche geluecht hutt, fir lech emol ze weisen, wéi geuerdnet een ëmtässele kann, fir dass jiddferengem verständlech gëtt, dass dee Kierfchen, deen elo do steet, e ganz schéinen ass an dass alles draläit, wat muss draleien.

Mä Dir streit net of, dass Der op Ärem Programm 6,3% am Retard sidd, well déi Steiererliichterung, wann dat richteg ass haut, hätt deemools misse gemaach ginn.

Dat wonnert mech ëmsou méi, dass Dir lech net duerchgesat hutt mat Äre Fuerderungen deemools an der Regierung, un déi ech mech prezis och net méi esou kann erënneren, well ech haut an engem Interview vu mengem Frënd Henri Grethen gelies hunn, zu senge grousse Leeschtungen an der Regierung géif gehéieren, dass hien d'CSV dovun iwwerzeegt hätt, fir zünfteg Steiereduktiounen ze maachen.

Et huet dem Här Grethen déi Zäit manifestement un Iwwerzeegungskraaft gefeelt an lech mat, fir de Finanzminister - dee störreschen - dozou ze bréngen, déi Inflatiounsupassung an de Joren 2002, 2003 a 2004 esou ze maachen, wéi et Ären heitege Fuerderungen entsprécht.

Par conter sinn ech frou, dass et hei am Haus eng breet Zoustëmmung gëtt fir d'Aféierung vum Kannerbonus. Dat ass fiskal a sozial eng selektiv Politik, an dat kann een net an de Géigendeel verkéieren, andeem ee jo mécht, wéi wann dat heiten eng Politik mat der Strenz wier.

Hei kréien déi méi akommesschwaach Famillje mat Kanner endlech a fir d'alleréischt an der rezenter fiskaler Sozialgeschicht vun eisem Land genau déiselwecht Ënnerstëtzungsmëttele vum Stat zur Verfügung gestallt wéi déi, déi méi verdéngen.

Et kann een eigentlech nëmmen doriwwer staunen, dass dat net éischter gemaach ginn ass, trotz e puer Versich, déi an de Jore virdru gemaach si ginn, déi awer - dat wëll ech dem Här Bausch soen - een aneren intellektuellen Usaz haten, wéi dat heiten: Ofschwächung vun der Moderatioun an Erhéijung vum Kannergeld.

An et ass gutt, dass eng Rei vu politesche Parteie sech konnten op dës politesch Approche - och d'ADR; och Deeler vun der DP, déi dat net esou konnte soen; d'LSAP; d'CSV an DÉI GRÉNG - verstännegen.

Dat ass ee Kannerbonus, vun deem ech - den Här Professer Fayot ka mer dat vläicht erklären - net richteg verstinn, firwat dass en an allen Dokumenter, déi ech ënnerschriwwen hunn, Boni op eemol heescht. Ech wollt e Bonus nennen.

Ech gesinn...

(Interruption)

Ass dat Franséisch?

D'Leit verstinn da besser Latäin, well bei Bonus versti se besser, wat et ass, wéi bei Boni.

(Hilarité)

Dat ass net eng Décisioun vun der Tripartite, wéi ëmmer gesot gëtt!

An der Tripartite war d'Regierung beoptraagt ginn - nodeem de Wirtschafts- a Sozialrot, wéi dat hei rappeléiert ginn ass, ofgeroden hat dovun, op de Wee vun der Negativsteier ze goen, well dat ze vill kom-

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

Chamber TV

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un

plizéiert wier -, d'Iddi vum Crédit d'impôt ze studéieren. An d'Regierung hat deemools virgeschloen, dass dat misst virum 1. Januar 2008 a Kraaft sinn, ansonsten déi al Moossname wéi Indexéierung vun de Kannergeldleeschtungen erëm géifen opliewen.

An do hu mer eis mat der Negativsteier beschäftegt a mat verschiddene Variante vu Steierkredit, fir leschten Ends op ee Wee ze kommen, dee selbstverständlech relativ einfach ze goen ass; obschonn datt et an deenen éischte Méint vum nächste Joer selbstverständlech wäert - wéi ëmmer wann eppes Neies agefouert gëtt - vill Duerchernee ginn, bis administrativ alleguer déi Plättercher richteg leien.

Tatsaach ass, dass déi Leit, déi keng Steiere bezuelen, mä awer Kanner hunn, elo datselwecht kréie wéi déi, déi wesentlech méi verdéngen an dofir Steiere bezuelen an déi Modération d'impôt - dat mécht 922 Euro aus - elo ënner Form vun engem Kannerbonus, dee generaliséiert gëtt, kréien. Also, déi Leit, déi Steiere bezuelen an déi Kanner hunn, verléieren näischt, an déi Leit, déi keng Steiere bezuelen, mä Kanner hunn an näischt fir déi Kanner kréien iwwert de staatlechen Zuwendungswee, kréien elo d'Integralitéit vun deem, wat déi Leit hunn, déi besser gestallt si wéi si selwer.

Dat ass net fräi am Räsonnement vun enger Rei vun demagogesche Sträifliichter. Et ass menger Usiicht no falsch, fir A plus B ze behaapten, dass déi Leit, déi keng Steiere bezuelen, Leit wieren, déi sech un der Aarmutsgrenz géife befannen. Dat ass einfach falsch! Et muss ee jo kucke wou mer hei wunnen. De Grondfräibetrag zu Lëtzebuerg ass 19.500 Euro fir eng bestuete Koppel. Deen ass 77% méi héich wéi a Frankräich. A Frankräich - dat ass zu Däitsch-Oth -, do bezuelen d'Leit vu 4.412 Euro u Steieren, a si fänken u mat 6,83% bis erop op 48%. An der Belsch - dat ass zu Sterpenich -: vu 5.940 Euro u bezilt ee Steieren. De Grondfräibetrag zu Lëtzebuerg ass also 77% méi héich wéi a Frankräich, a 70% méi héich wéi an der Belsch. An en ass 21% méi héich wéi an Däitschland.

Wa mir soen: Déi Leit bezuele keng Steieren, dann huet dat och dermat ze dinn, dass mer vill Leit aus der Steierflicht erausgeholl hunn aus soziale Grënn, a well mer wollten hir Kafkraaft erhalen a se net steierlech - wann och nëmme minimal; mä minimal ass bei Leit, déi net vill verdéngen, scho maximal - belaaschten. Wa mer vun 1991 un net an engem risen Tempo déi Grondfräibeträg bei all Steiermoossnamen, déi mer getraff hunn, no uewen adaptéiert hätten, dann hätte mer selbstverständlech keng 40% vun de Leit, déi keng Steiere bezuelen. Wann et hei wier wéi zu Däitsch-Oth, dann hätte mer vläicht 8 oder 9% vun de Leit, déi keng Steiere géife bezuelen. An ech géif emol drëm bieden, dat beieneen ze behalen.

Wa mer déi 16% Steieradaptatioun gemaach hätten, déi hei vun de liberale Kolleege verlaangt gëtt, dann hätt den Här Jaerling natierlech Recht mat sengem Saz, deen doranner besteet, fir ze soen - obschonn dat bei Steieren ëmmer esou ass -, dass déi, déi vill hunn, och vill nogelooss kréien, an dass déi, déi net vill bezuelen, och net vill nogelooss kréien.

Wann een 170.000 Euro ze versteieren huet - esou eng Pai, déi mech interesséiert an déi mer eppes seet, an ech weess, dass et der nach e puer Dausend gëtt, déi driwwer leien - an et ass ee bestuet, da kritt een elo duerch dës Steiererliichterung 923 Euro Steieren nogelooss iwwert d'Joer. Mécht een awer 16%, da kritt een 2.500 Euro nogelooss.

Ech ka kee Grond erkenne bei aktueller Lag a bei deenen Noutwendegkeeten, déi et hei am Land gëtt, an déi musse finanzéiert ginn, firwat dass een, deen 170.000 Euro d'Joer versteiert, soll 2.500 Euro Steieren d'nächst Joer manner bezuelen. Ech kann dee Grond net erkennen. Ech kann et éierlech gesot emol net richteg erkennen, dass hien 923 Euro soll manner bezuelen. Mä well ee lues a lues muss deene Revendikatioune vun Inflatiounsupassung jo awer een Ouer schenken, kënnt een net derlaanscht, fir Adaptatiounen ze maachen. Mä et muss een awer net iwwerdreiwen.

Ass een, deen 170.000 Euro d'Joer verdéngt, esou schlecht drun, dass deen och nach muss 2.500 Euro Steieren nogelooss kréien? Dat kann ech net erkennen. Duerfir wollte mer dat och net maachen, well mer fannen, dass et an der Gesellschaft vill - och gesellschaftspolitesch - Zesummeliewensziler finanziell ze bedénge gëtt. An déi mussen haaptsächlech vun deene bestridde ginn, déi zu enger grousser Solidarleeschtung fäeg sinn. Dat sinn nun emol déi Leit, déi relativ vill verdéngen. Richteg war et bei deem Ëmverdeelungsprozess, dee richteg vun uewen no ënne geet iwwert de Wee vum Steierkredit, dee mer Kannerbonus nennen, deenen akommesschwaache Famillje maximal Leeschtungen zoukommen ze loossen.

D'Leit gi besteiert wéi wa se géife 6% manner verdéngen. Doduerch, dass d'Kannermoderatioun ewechfält, ginn nei Raim op, fir aner Abattementer kënne maximal oder méi staark auszelaaschte wéi dat bis elo de Fall war. D'Steierzueler si jo net onklug. Déi wäerte schonn déi nei Méiglechkeeten, déi se hunn, ze notze wëssen.

Richteg ass et, dass een eng Diskussioun soll féieren iwwer Sachleeschtungen an iwwer Geldleeschtungen. Falsch wier et fir ze mengen, mir hätten déi Diskussioun net gefouert.

Meng initial Iddi war et - déi vun der Familljeministesch en fait och -, fir sech individuell Sachleeschtungen afalen ze loossen, déi awer gepasst hätten, an iwwert dee Wee dat ze erreechen, wat mer elo hei, op engem och selektive Wee, mä op engem manner selektive Wee wéi dann dee Wee gewiescht wier, iwwert de Kannerbonus erreechen. Mir sinn zur Konklusioun komm, dass dat extrem schwiereg wier, mat engem enorme Verwaltungsopwand - wann een zum Beispill Chèquë géif maachen - verbonne wier, an dass mer absolut an der Noutwendegkeet vum communautär-rechtlech bedéngten Export an deem enge Fall wéi an deem anere wieren.

Souguer beim Wunnengsgeld; wat jo eng Iddi ass, iwwert déi ee kann diskutéieren. Ech si guer net géint esou eng Diskussioun, obschonn ech net der Meenung sinn, dass dat zu enger Reduktioun vun de Loyerspräisser bäidréit. Et ass eng Sozialiséierung vun iwwerzunnene Benefisser, déi Eenzelner kënne maachen, oder vu real bedéngte Käschten, déi se sech musse bei hire Locatairë froen.

Mä wa mer e Wunnengsgeld aféieren, dann exportéiere mer och. Well jiddfereen, deen hei am Land Steiere bezilt, deen huet och Recht op Wunnengshëllef, och wann déi zu Namur, zu Marche oder zu Bitburg ufält. Dofir, d'Meenung Sachleeschtungen, wa se individuell sinn, déi bräichten net exportéiert ze ginn, ass eng Meenung, déi ee menger Ansicht no net soll hunn, obschonn ech dee Gedankegang gutt verstinn, well et war précisément och mäin, fir zu deene Resultater ze kommen. Ech hu mussen agesinn, dass dee Wee falsch wier, well en einfach net geet.

Hätt een de Kannerbonus ënner Form vun enger méi staark ausgepräegter Negativsteier wëllen ausbezuelen, hätt een also d'Modération d'impôt op hirem Maximum gelooss fir déi Leit, déi esou e Maximum hunn, an dann hätt een nogefëllt bis zum Maximum iwwert de Wee vum Budget - et hätt een also dat eent bei der Steier gelooss an dat anert iwwert de Budget gemaach -; da wiere mer, Här Meisch, absolut an der Noutwendegkeet gewiescht vun all Mënsch, deen hei am Land contribuabel ass, eng Steiererklärung ze froen.

Ass contribuabel hei am Land och deen, dee keng Steiere bezilt? Deen hei am Land wunnt, ass contribuabel hei am Land. Dann hätt jiddferee missen eng Steiererklärung maachen, a mer hätten all Steiererklärung misse préiwen. Dann hätte mer no laangwierege Rechnungen erausfonnt wivill Kannerbonus, dee mer dann anescht genannt hätten, dee géif kréien, dee keng Steiere bräicht ze bezuelen. Duerfir ass dat hei ee wesentlech méi einfache Wee, dee sécherstellt, dass Suen dohinner komme bei déi Leit, déi se wierklech brauchen, an deenen hir Kafkraaft och prozentual a proportional betruecht wesentlech méi séier fält, wéi d'Kafkraaft vun deene Leit fält, déi materiell besser dru sinn.

Dee Kannerbonus ass kee Kannergeld, mä dee kann een awer net ouni Kannergeld liesen. Ech wëll hei just nach eng Kéier soen, dass d'Kannergeld zu Lëtzebuerg, op eis dräi Nopeschlänner bezunn a jee no Zuel vu Kanner, tëscht 17 a 73% méi héich ass. De Grondfräibetrag ass 77% méi héich wéi a Frankräich, an d'Kannergeld ass an déi 40% bis 70% méi héich wéi a Frankräich.

Nu sot mer awer net, dass een, dee wéineg verdéngt zu Däitsch-Oth, esou vill méi verdéngt wéi een, deen zu Lëtzebuerg wunnt, wou alleguer déi Leschtunge méi héich sinn, wou manner Steiere bezuelt ginn a wou d'Liewenskäschten awer net 70 oder 80% méi héich si wéi zu Däitsch-Oth. Duerfir geet et mer heiansdo e bëssen op de Su, muss ech éierlech soen, dat éiwegt Gelamentéiers, wat mer hei am Land opféieren.

Mer brauchen eis nëmme mat deene ronderëm ze vergläichen, y compris bei den Autossteieren, fir emol ze gesinn, dass et eis awer relativ betruecht wesentlech besser geet wéi deene Mënschen, déi an eiser grousser Groussregioun liewen. Mir sollen eis dat net ëmmer selwer zerrieden a futti maachen. Mer solle kollektiv houfreg drop sinn, dass mer esou Systemer opgebaut hunn, déi selbstverständlech absolut ergänzenswäert sinn, well och derbäikënnt, dass jo hei net nëmmen eng Politik iwwer Geldleeschtunge gemaach gëtt, mä zënter Jore probéiert gëtt och eng Politik iwwer Sachleeschtungen, dat heescht iwwer geziilt Investitioun a kollektiv Infrastrukturen ze fueren.

Mir mussen awer zur Kenntnis huelen, dass mer an dëser Legislaturperiod amgaange sinn d'Crèchëplazen hei am Land ëm 30% ze erhéijen. Ech géif awer drëm bieden, dass géif zur Kenntnis geholl ginn, dass d'Zuel vun de Plazen an de Maisons relais vun 8.000 am Joer 2005 op 16.000 - dat heescht, eng Verduebelung - am Joer 2009 eropgesat gëtt, an dass d'Zuel vun de Kannerplazen an der Éducation précoce konstant klëmmt, an dass - obscho sech deemools, wéi dat agefouert ginn ass, jiddfereen dergéint gewiert huet - bis op zwou Gemengen all d'Gemengen amgaang sinn, déi Éducation précoce op hirem Territoire ze installéieren.

Dobäi kënnt, dass mer selbstverständlech musse sensibel si fir déi méi staark Belaaschtung, déi déi akommesschwaach Kategorië vun eiser Bevölkerung duerch déi geklommen Energiepräisser ze erleiden hunn. Vun 2002 bis 2007 ass an Dollar ausgedréckt de Barrel Uelech ëm 325% an d'Luucht gaangen. 325%!

An Euro ausgedréckt, soen ech deenen, déi iwwert dee staarken Euro dauernd winselen, ass en 160% an d'Luucht gaangen. Dat ass zolidd, mä, wa mer den Euro net hätten - déi Rechnung hu mer gemaach -, da wier de Bensins- an den Dieselpräis op eise Pompele ganz genau 38% méi héich, wéi en de Moment ass.

Dat ännert awer näischt dorun, dass besonnesch beim Mazout a bei aneren Hëtzes eng Rei vu Leit staark belaascht ginn, iwwerproportional staark belaascht ginn, wat zur Konsequenz huet, dass op Virschlag vun der Familljeministesch, der Madame Marie-Josée Jacobs, den nächste Freideg d'Regierung den Heizkostenzuschlag ëm 10% fir d'Joer 2008 wäert an d'Luucht setzen.

Fir d'Joer 2009 - doriwwer hunn ech och an der Finanzkommissioun, wéi ech do war, a Presenz vum Här Goerens referéiert - ass fest, dass mer den Arbeitnehmerfreibetrag och an ee Steierkredit ëmwandelen, esou zwar, dass jiddfereen, deen Arbeitnehmer hei am Land ass, am Joer 2009 e supplementare Scheck kritt, wann Dir esou wëllt, vu liicht ënner 230 Euro. Jiddfereen!

Ech profitéiere vun dem Arbeitnehmerfreibetrag, deen an eisem Steiergesetz steet, wesentlech méi wéi déi, fir déi en eigentlech geduecht war. Dat war fir déi kleng Arbeitnehmer ursprünglech geduecht. Déi profitéiere relativ wéineg, voire guer net dovun; déi, déi vill verdéngen, profitéieren integral dovun, duerfir wëlle mer dee maximale Steiergewënn, deen een duerch den Arbeitnehmerfreibetrag kritt, d'nächst Joer u jiddferee weiderreechen ënner Form vun engem Steierkredit, dee vun de Betriber ausbezuelt gëtt, an d'Betriber verrechnen dat hirersäits dann erëm mat der Steierverwaltung, wat och een einfach Wee ass, fir e weidere Steierkredit anzeféieren.

Et ass eis zu Recht net entgaang, dass mer hei zu dem Ausbau vun de steierleche Rechter vun deene Leit kommen - homosexuell oder heterosexuell -, déi ënnerteneen e Kontrakt ofgeschloss hunn.

Ech verstinn, dass dat net staark erwähnt ginn ass, well dat zerstéiert eenzel Biller iwwert d'gesellschaftspolitesch Reformfäegkeet vun deenen anere Parteien.

(Hilarité)

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Statsminister. Mir sinn dann um Enn vun der Debatt a kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5801, dee mer haut de Moien diskutéiert hunn.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5801 ass ugeholl mat 48 Jo-Stëmme bei zéng Nee-Stëmmen an enger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par Mme Martine Stein-Mergen), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Jean Huss), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen.

Ont voté non: M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Carlo Wagner), Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Alexandre Krieps (par M. Charles Goerens), Claude Meisch et Carlo Wagner.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Une voix.- Wie war dergéint? Wie war dat?

M. le Président.- An ongefëier enger hallwer Minutt ass d'Lëscht do.

Wëllt deen, dee sech enthalen huet, seng Abstentioun begrënnen?

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Här President, ass dat eng nei Prozedur?

M. le Président.- Wat gelift?

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Ech hu jo awer laang a breet genuch erkläert. Haaptsächlech geet et mir...

M. le Président.- Jo, ech wëll just d'Reglement uwenden, Här Jaerling.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Ech hunn dat erkläert, haaptsächlech geet et mir ëm déi aarbechtsmaartpolitesch Konsequenzen, déi dat Gesetz kann hunn, an ech bedaueren och e bëssen, dass den Här Statsminister guer net op deen Aspekt vum Gesetz agaangen ass.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn nach befaasst mat enger Motioun. Pardon, den Här Statsminister huet nach d'Wuert.

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre des Finances*.- Ech entschëllege mech ausdrécklech derfir, dass ech net erkläert hunn, dass et fir déi Leit, déi Iwwerstonne maachen an déi net vill verdéngen, natierlech e groussen Avantage ass, och en termes vun enger Erhéijung vun hirer Kafkraaft, dass d'Iwwerstonnen vum 1. Januar d'nächst Joer un zu Lëtzebuerg net méi besteiert ginn.

Ech hat effektiv bal vergiess ze weisen, wann den Här Jaerling mech net dozou gedréckt hätt nach eng Kéier, dass och selbstverständlech dëse Steiererliichterungsprogramm ee wesentleche sozialpolitesche Zouschnëtt huet.

Motion 1

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann nach un d'Motioun, déi den Här Mosar déposéiert huet.

Kënne mer déi Motioun par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Wien ass d'accord mat der Motioun? Wien ass dergéint?

D'Motioun 1 ass mat ganz grousser Majoritéit ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun eisen Aarbechte vun haut de Moien ukomm. De Mëtteg um hallwer dräi ass déi nächst Sitzung.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 11.59 heures)